



Informationen eng gewëssen Onrou opkomm ass. Dofir denken ech, datt mer mat där néideger Serenitéit keng Motioun brauchen an datt och dat, wat d'Leit elo de Moment op eemol am Kader vun dësem Projet de loi beschäftigt, wierklech keng Motioun brauch, fir datt erëm Rou hiergestallt gëtt.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Loschetter. Den Här Turpel huet d'Wuert.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).**- Merci, Här President. Ech wollt dräi Saache soen. Ech hat et jo scho virun ugekënnegt. Éischtens, datt am Kader vun där heiten Diskussioun wéi och a villen aneren Diskussiounen eng ganz Rei Froen an Themaen ugeschnidde gi sinn, déi doudsécherechtigt sinn, fir diskutéiert ze ginn a behandelt ze ginn. Et soll awer ganz kloer sinn, datt eng Rei vun deenen Themaen sech net stellen duerch d'Tatsaach, datt mer hei eng Gläichstellung maache vu gläichgeschlechtliche Koppelen am Bestietnis a bei der Adoptioun.

An esou wéi déi Motioun (veuillez lire: déi Motioun vun der CSV) hei formuléiert ass, praktesch vun Ufank un, gi grad alleguerten déi Argumenter, déi vun deenen, déi géint d'Gläichstellung waren, virbruecht gi sinn, hei iergendwéi opgegraff. Vun «droit à l'enfant» iwwer «adoption aux personnes et couples de même sexe» an esou weider bis hin zu «renforcer la protection de l'enfant» sinn dat alles an dësem Kader falsch Messagen. Déi stellen eng Konvergenz hier zwëschen deem, wat hei gefuerdert gëtt, an deene falschen Argumenter, déi dobaussen zirkuléieren iwwert déi gläich Rechter vu gläichgeschlechtliche Koppele par rapport zu heterosexuelle Koppelen.

Ech fannen, mir hate wierklech eng gutt Debat, mir insgesamt, wat de Minister och ënnerstrach huet, och hei an der Chamber. Ech fannen, mir sinn och an engem Diskussionsprozess, wou eng Rei aner Saache musse gekläert ginn.

An ech géif wierklech hei en Appell maachen un d'CSV, fir déi Motioun haut hei net zur Ofstëmmung ze stellen, well, esou berechtigt wéi eng Rei Froen sinn: Si gehéieren net an dese Kader. An ech mengen, et wier gradesou gutt, wa mer déi berechtigt Froen an där nächster Woch, an där nächster Chamberswoch, och no Ofstëmmung mat deenen anere Fraktiounen, kéinten an eng Motioun faassen, fir datt mer dat haut net an een Zesummehang stellen, dee falsch wier.

Dofir mäin Appell ganz kloer un d'CSV: Macht wann ech gelift haut net déi Konvergenz, déi Der jo eigentlech wollt évitieren an hei awer ënnerschwellig erëm eng Kéier macht mat falschen Argumenter am Kontext vun dëser Diskussioun! Et huet näischt mat dëser Diskussioun ze dinn. Et dierf näischt mat dëser Diskussioun direkt ze dinn hunn. An da komme mer an zwou Woche bei der nächster Chamberbërsatzung dorobber zrëck.

Si ass d'ailleurs net komplett. Zum Beispill d'Recht op d'Filiatioun, ze wëssen, wien déi biologesch Eltere sinn, ass net dran ugeschnidde. Dat ass och ee Punkt, dee wichteg ass, an deem ass net am Text mat dran.

Dofir mengen ech: Zitt se wann ech gelift zrëck! Dann hu mer haut eng kloer Haltung, wat d'Gläichstellung ugeet, an op all déi aner

Froen komme mer zrëck. Wann d'CSV se awer net zrëckzitt, da stëmme mir an dësem Zesummehang op jidde Fall dergéint.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Turpel. Den Här Justizminister huet d'Wuert.

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Här President, d'Regierung schléisst sech den Argumenter vun de Majoritéitsvertrieder an och vum Här Turpel un. Mir sinn och der Meinung, dass déi Motioun an där Form net kann ugeholl ginn.

► **M. le Président.**- Merci. Da bleift mer näischt anescht iwwreg, wéi zur Ofstëmmung iwwerzegoen.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech mengen, mir froen de Vote électronique, Här President.

Vote sur la motion 1

► **M. le Président.**- Selbstverständlech. Merci. De Vote ass lancéiert. Wie mat der Motioun d'accord ass, stëmmt Jo, a wien net mat der Motioun d'accord ass, stëmmt mat Neen.

(Interruption et hilarité)

De Vote ass lancéiert.

(Interruptions)

Ech hunn awer 60 Stëmmen.

(Hilarité)

Also, mir hunn eng ganz intelligent Maschinn hei. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun ass mat 37 Nee-Stëmmen, bei 23 Jo-Stëmmen ofgelehnt.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par M. Marcel Oberweis), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;


MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Domat wäre mer um Enn vun der Sëtzung vun de Mëtteg respektiv den Owend ukomm. Mir gesinn eis erëm muer de Mëtteg um zwou Auer. Kommt gutt heem!

Merci, d'Sëtzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 18.39 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. le Président

2. 6655 - Projet de loi relatif à la construction du centre pénitentiaire d'Uerschterhaff

- Rapport de la Commission du Développement durable: M. Georges Engel

- Discussion générale: Mme Sylvie Andrich-Duval, Mme Josée Lorsché, M. Gusty Graas, M. Gast Gibéryen, M. Serge Urbany

- Prises de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice (M. Serge Urbany intervient), M. Serge Urbany (parole après ministre), M. Félix Braz, Ministre de la Justice, M. Camille Gira, Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures (M. Claude Wiseler pose une question)

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

3. Retrait du rôle des affaires

- M. Michel Wolter

4. Question élargie n°2 de M. Claude Adam sur la promotion du secteur du jeu vidéo

- M. Claude Adam - M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie

5. 6315 - Projet de loi

- portant réorganisation de l'Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services et portant organisation du cadre général pour la surveillance du marché dans le contexte de la commercialisation des produits,

- modifiant

* la loi modifiée du 17 mai 1882 sur les poids et mesures,

* la loi modifiée du 31 juillet 2006 relative à la sécurité générale des produits,

* la loi modifiée du 19 décembre 2008 établissant un cadre pour la fixation d'exigences en matière d'écoconception applicables aux produits consommateurs d'énergie,

* la loi du 25 mars 2009 relative à la compatibilité électromagnétique,

* la loi modifiée du 27 mai 2010 relative aux machines,

* la loi modifiée du 15 décembre 2010 relative à la sécurité des jouets, et

* la loi du 21 décembre 2012 concernant les équipements sous pression transportables,

- abrogeant la loi modifiée du 20 mai 2008 relative à la création d'un Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services

- Rapport de la Commission de l'Économie: M. Claude Haagen

- Discussion générale: M. Laurent Mosar, Mme Joëlle Elvinger, M. Henri Kox, M. Fernand Kartheiser, M. Justin Turpel

- Prise de position du Gouvernement: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

6. 6673 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marc Angel

- Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Eugène Berger, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany

- Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Jean Asselborn et Félix Braz, Ministres; M. Camille Gira, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.04 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. le Président.**- D'Sëtzung ass op.

Ech wollt d'Regierung froen, ob se Kommunikatiounen ze maachen huet?

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.**- Neen, Här President.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Justizminister Merci.

Da kënnen mer direkt zum Ordre du jour iwwerzegoen. Als éischte Punkt hu mer um Ordre du jour de Projet 6655 iwwert de Bau vun engem Établissement pénitentiaire um Uerschterhaff. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Ech hu bis elo Aschreiwunge vun der Madame Andrich, der Madame Lorsché, den Häre Gusty Graas, Gast Gibéryen a Serge Urbany. Et ass nach ëmmer Zäit, fir sech ze mellen.

An ech ginn elo direkt d'Wuert dem Rapporteur, dem honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

2. 6655 - Projet de loi relatif à la construction du centre pénitentiaire d'Uerschterhaff

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Georges Engel (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass schonn e spezielle Moment hei fir mech, haut virun lech hei ze stoen als Rapporteur vum Projet de loi 6655, deen de Bau vun enger Maison d'arrêt um Uerschterhaff zu Suessem als Objet huet. An dat, well et an engem Land mat der Gréisst vu Lëtzebuerg net esou oft virkënn, dass een eng Untersuchungs-

haftanstalt baut an et duerfir schonn e groussen a wichtege Projet mat gesellschaftlechtem Impakt ass, dee mer haut hei wäerte stëmmen.

Den Dépôt vun dësem Projet ass den 12. Februar 2014 gemaach ginn. De 26. Mäerz gouf ech als Rapporteur genannt. Den 23. Abrëll huet d'Kommissioun den Avis vum Statsrot - deen Avis, deen awer schonn den 20. Dezember 2013 erakomm ass - analyséiert. An de 4. Juni huet d'Kommissioun du mäi Rapport approuvéiert.

Ech hu meng Interventioun vun haut an dräi Deeler opgedeelt, éischtens den aktuelle Kontext, deen zum Projet gefouert huet, zweetens



de Bau selwer an drëttens verschidde Re-
marquen.

Zur aktueller Situatioun a firwat mer dës Bau
brauchen: Sait méi wéi zéng Joer geet d'Zuel
vun de Prisonnéier zu Lëtzebuerg stänneg an
d'Luucht. De Centre pénitentiaire Lëtzebuerg,
den CPL, de Prisong vu Schraasseg also, deen
1984 opgoung an 2002 ausgebaut gouf, huet
eng maximal Capacitéit vu 600 Prisonnéier. An
de Joren 2006 an 2007 waren et der awer bal
700, déi do waren. D'Zuele goungen awer elo
an deene leschte Jore liicht erof, kënnen awer
vun engem Moment op deen aneren nach ëm-
mer variéieren, och no uewen.

D'Evolutioun vun der Unzuel u Prisonnéier ass
schlecht virauszagesinn, e Phänomeen, deen
een a ganz Europa kennt. Dowéinst a well de
Prisong zu Schraasseg ëmmer ganz héich
beluecht ass, an ausserdeem, well condam-
néiert Prisonnéier a Prisonnéier an Untersu-
chungshaft hei zesummen ënnerbruecht sinn -
fir 2013 waren et 598 Prisonnéier, also zwee
ënner der normaler maximaler Capacitéit, an
dovunner waren 284 an U-Haft -, huet d'Re-
gierung dunn 2005 décidéiert, nient
Schraasseg a Giwenech en drëtten Centre péni-
tentiaire ze bauen.

Dësen Zenter gëtt gebaut als Maison d'arrêt an
ass ausschliisslech geduecht fir Untersu-
chungshäftlingen. Just bei verschiddenen Aus-
nahmen, notament wann et ëm d'Intégrité
physique et morale, ëm d'Gesondheet, ëm
d'Formatioun oder d'Aarbecht vum Prisonnéier
geet, kann een do eng Derogatioun maachen.

Dozou kënn och nach, dass an engem iwwer-
fëllten oder bis op déi leschte Plaz gefëllte Pri-
song, deen also ëmmer bis op dem kriteschen
Niveau vum Beluechtsinn ass, d'Aarbecht mat
de Prisonnéier, déi op eng gutt Réinsertion so-
ciale achséiert ass, schwierig ass an och d'Sé-
cherheet, och déi vum Personal, an d'Uerd-
nung an d'Disziplin net genuch assuréiert sinn.

An dësem Kader kéint een elo och eng grouss
Diskussioun iwwert de Strofvollzuch féieren,
iwwer Sënn an Onsënn vun Haftstrofen, iwwert
de Choix vun enger Politike expansionniste,
gläichesat mat méi a längere Strofen a méi In-
frastrukturen, fir méi Leit anzespären, oder
enger Politique réductionniste, wou de Prisong
als lescht Solutioun ugesi gëtt, wou „front-door
solutions“ - also ier een d'Leit aspärt - gesicht
ginn a wou „back-door solutions“ virgezu ginn,
nämlech déi fréizäiteg Entloossung aus dem
Prisong.

Och wann dës Maison d'arrêt no enger
bestëmmter Aart a Weis gebaut gëtt, déi vir-
ausblécke léisst, a wéi eng Richtung de
Strofvollzuch zu Lëtzebuerg an Zukunft wäert
goen, well dës huet och Auswierkungen op
d'Infrastruktur, ass et menger Meenung no net
haut de Moment, fir iwwert d'Reform vun der
Administration pénitentiaire an d'Reform vun
der Exécution des peines ze schwätzen.

Dës gëtt am Kader vun de Projets de loi 6381
an 6382 gemaach. Dës hunn ech och an der
Kommissioun bei der Presentatioun vu
mengem Rapport bemierkt. An am Unhang vu
mengem Rapport hutt Der och e Brëif vum Jus-
tizminister Félix Braz vum 6. Februar 2014 ge-
hat, dee kloer ausseet, dass dës Diskussioun
dann och an där Reform do virgesinn ass.

Wichtig war, dass mer eng Réunion jointe
tëschent der Commission du Développement
durable an der Commission juridique gemaach
hunn, wou kloergestallt gouf, dass de Bau vun
dem CPU, dem Centre pénitentiaire Uerschter-
haff, der Reform vum Strofvollzuch, esou wéi se
bis elo geplangt an diskutéiert gouf, och ent-
sprécht.

Zum Bau, dat urbanistescht Konzept: De
Centre pénitentiaire Uerschterhaff kéint an de
Südweste vum Land, an d'Gemeng Suessem,
niewent d'WSA, op de Lieu-dit „Uerschterhaff“.
Dat, nodeems déi deemoleg Regierung schonn
eng laang Zäit no engem géeeegente Standuert
fir eng Maison d'arrêt gesicht huet a sech keng
Gemeng fonnt huet, fir dës Institutioun
opzehuelen.

D'Gesamtgréisst vum staatlechen Terrain - wat
iwwerengs e grouss Virdeel ass vun dësem
Projet, dass de Stat eng ganz Rei vun Terrainen
do am Besëtz huet - ass 40 Hektar, woubäi der
ongeféier 8 Hektar dann hei duerch
d'Konstruktioun genotzt ginn.

D'Accessibilitéit gëtt assuréiert duerch
d'Konstruktioun vun enger neier Strooss, déi
den CR110 an d'Rue de Limpach matenee
verbënnt. Déi Strooss muss dann awer nach
gebaut ginn. An den CPU wäert natierlech
herno och un de Busréseau aus dem Süden,
den effentlechen Transport, dann ugebbonne
sinn.

D'Gebai ass an enger hexagonaler Form, inte-
gréiert sech esou gutt wéi méiglech an
d'Landschaft an hält den Dénivelé, deen et hei

gëtt, als positiv Eegenschaft mat an de Projet
eran. Déi maximal Capacitéit läit bei 400 Pri-
sonnéier. De Gesamtkäschtepunkt läit bei
155,650 Milliounen Euro. D'Consommatious-
-, d'Entretiens- an d'Fonctionnementskäschte leie
bei ronn 26 Milliounen am Joer.

D'Bauzäit läit bei dräi Joer. Den Terrain, fir
kënnen drop ze bauen, ass derbäi, iwwer eng
Modification ponctuelle vum PAG vun der
Suessem Gemeng ëmklasséiert ze ginn. Als
optimistesche géif ech emol den Datum vun
2017, deen an engem Rapport aus der Kom-
missioun esou ervirgeet, bezeichnen, als ganz
optimistesche, dass dann déi Maison d'arrêt sollt
funktionsfäeg sinn.

Dann zur Exploitatioun an zur Konstruktioun:
De Centre pénitentiaire Uerschterhaff gëtt ge-
baut no de Règles pénitentiaires européennes.
Dës Regele sinn den Outil de référence fir d'Ad-
ministratiounen, wou mat 108 Regeln, déi
souwuel déi elementar Rechter vu Gefaange-
nen, de Strofvollzuch, d'Gesondheet, d'Sé-
cherheet, d'Inspektioun an d'Kontroll an de Pri-
songe betreffen, d'Liewen an engem Prisong
geregelt gëtt.

Den CPU gëtt no deem neiste Sécherheets-
konzept gebaut, garantéiert d'Sécherheet vun
de Prisonnéier, vum Personal, vun de Visiteuren
an natierlech och vun der Populatioun ron-
derëm, do wou de Prisong dann och gebaut
gëtt. Dës Sécherheetskonzepth soll natierlech
och all Invasioun an all Evasioun verhënneren.
D'Gebaier sinn esou, dass d'Déplacement
mat de Prisonnéier esou effizient wéi méiglech
gehalde sinn.

D'Gebai besteet aus autonomen a modulären
Unitéite fir d'Ennerbréngung, fir d'Ver-
suergung, fir verschidden Aktivitéiten, fir Spad-
séiergänger - natierlech Spadséiergänger an der
Enceinte vum Gebai, dat versteet sech vum
selwen.

D'Konstruktioun ass esou, dass d'Aarbechts-
konditiounen fir d'Personal an d'Liewenskondi-
tiounen vun de Prisonnéier den aktuellen Stan-
darden entsprechen.

D'Zellen an déi verschidde Pavillone sinn esou
configuréiert, dass d'Eenzelennerbréngung vun
de Prisonnéier op en absolute Minimum redu-
zéiert gëtt, dee fir de korrekte Fonctionnement
vum Etablissement onëmgänglech ass.

An deem Sënn sollen d'Prisonnéier a souge-
nannten „Gemeinschaftsregime“ ën-
nerbruecht ginn. Dat heescht, d'Prisonnéier
verbréngen déi meescht Zäit, Fräizäit, am
Grupp a si just fir d'Nuetsrou eleng an hirer
Zell. Dës Regime ass ëmsou méi wichteg fir e
Prisong wéi dee vum Uerschterhaff, wou d'Pri-
sonnéier jo alleguer an Détention préventive
sinn a bis zu hirer Verurteilung jo och als
onschëlleg gëllen.

D'Ennerbréngung gëtt a véier Pavillone vu 36
Wunngruppen op engem Total vu véiermol
dräi Stäck gemaach. All Wunngrupp, modulär
opgebaut, huet Zelle fir ee bis zwee Prison-
néier, e Raum fir verschidden Aktivitéiten an e
Wunnraum, deen och als lessraum zielt.

D'Gebai ass a Stäreform geplangt, wat eng Rei
vu Virdeeler huet: eng grouss Sécherheet
weinst der Visibilitéit, et kann ee mat enger re-
duzéierter Zuel vu Personal schaffen, si opti-
miséiert d'Kommunikatioun a suergt fir eng effi-
kass Organisatioun.

Am Ganze ginn et dräi Type vun Zellen, ech hu
gesot: Eenzelzellen, Duebelzellen an och Zelle
fir Personnes à mobilité réduite, esou wéi dat
och an de Règles pénitentiaires européennes
festgehalen ass. 1% vun de Käschte vum Gebai
ginn investéiert an Énergies renouvelables.
Virun der Dier ass e Parking vun 301 Plaze
virgesinn.

Dat alles zum Bau an zur Exploitatioun. Erlaabt
mer awer elo nach, den drëtten Punkt unze-
goen, dat si verschidde Re-
marquen zu vereenzelte Punkten.

Zu de Visiten: No der Kontroll ginn d'Visiteuren
an de Parloir mat och enger gewëssener Un-
zuel vun individuelle Kabinen. D'Visité sinn
iwwerwaacht, mä et ass virgesinn, wéi dat och
schon an aneren EU-Länner de Fall ass, fir
d'sozio-familiär Bindungen net ze zerstëieren,
ënner gewëssene Bedéngungen net iwwer-
waacht Visiten och ze erméiglechen.

Wat de Service médical ubelaangt: Déi gelee-
fest medezinesch Interventiounen sollen hei an
der Maison d'arrêt Uerschterhaff duerchge-
fouert ginn. Wann awer e speziellen Traitement
néideg ass, kann dee betraffene Prisonnéier
och op Schraasseg bruecht ginn, oder wann e
komplizierten oder laangwierigen Traitement
ze maachen ass, kann en och an e Spidol
bruecht ginn.

Wat sécuriséiert Unitéiten ueget fir Prisonnéier,
déi eng Gefor fir sech selwer oder fir aneren
duerstellen, beziéungsweis aus physischen
oder disziplinaresche Grënn, esou kënnen dës a

speziell aménagéierten Zellen ënnerbruecht
ginn, wou si da 24 op 24 Stonnen iwwer-
waacht ginn.

Eppes ganz Wichtige ass d'Formatioun an de
Sport, well déi meescht Prisonnéier wäerte jonk
Erwuessener sinn. Virgesi si verschidde
Klassenzëmmer, eng Bibliothék, eng Sportshal
an och e Sportterrain. Déi gesécher Häff fir
den Ausgang, déi sinn um Daach vun all Pavil-
lon virgesinn.

Och wann et eng Untersuchungshaftanstalt
ass, wou d'Prisonnéier manner laang agespaart
sinn, sinn esou Infrastrukture wéi déi heiten ex-
trem wichteg. Virun allem geet et jo drëms,
dass déi Leit, déi elo an der Maison d'arrêt
sinn, erëm - wa se erëm dobausse sinn - eens
ginn am Liewen. An d'Resozialisierung ass ëm-
mer iewescht Zil vun esou engem Openhalt.

Zu den Auditioenen: Fir d'Auditioone vun den
Untersuchungsjuridictiounen si speziell Büro
virgesinn, wou och Videokonferenze méiglech
sinn. Dës Videokonferenze sollen hir Base légale
am Projet de loi 6381 iwwert d'Reform vum
Strofvollzuch kréien. Dës Mesur si geduecht,
fir d'Transporter vun de Prisonnéier an d'Stad
ze reduzéieren, wat manner Risiko, manner Tra-
fic an och manner Käschte bedeit.

Et sief och notéiert, dass de Justizminister
duerch de Prinzip vun der Séparation des pou-
voirs d'Magistraten natierlech net zwänge
kann, dës Interrogatoiren oder Videokonfe-
renzen am CPU ze maachen. Mä hei si se awer
elo emol infrastrukturell virgesinn, déi
Méiglecheete bestinn also am CPU Uerschter-
haff.

Zum Institut de formation pénitentiaire: Wann
een eng nei Struktur mécht, da brauch een och
méi Personal. An et ass och wichteg, dass een
dat Personal, wat een huet, och gutt weider-
bilt. Duerfir sinn déi équipiert Klassen virge-
sinn. Dës Klassen soll sinn extrem wichteg fir dat
zousätzlech Personal, wat gebraucht gëtt, a
wou da schonn an der Ausbildung déi Leit, déi
dohinner wëllen dee Beruff erliewe kommen,
sech kënnen dann do scho familiariséieren mat
deene reellen an de realistesch Konditiounen
an esou enger Institutioun.

All Büro vum der Administratioun ginn am
zentrale Gebai op haaptsächlech zwee Stäck re-
gruppéiert, wou sech dann och d'Kantin fir
d'Personal befënt.

D'Sécherheet ass assuréiert duerch e Konzept
mat Mauere ronderëm, déi eng Héicht vu
sechs Meter hunn, duerch Obstacles mécha-
niques an en Dispositif de détection,
Videokameraen an thermesch Kameraen bannen
a baussen, en integrierte System fir d'Com-
mande vun den Dieren an de Sassen, en
Alarmsystem fir d'Personal, e System fir d'De-
tektioun vu GSMen. A wat sinn d'Risikoe bei
esou engem Gebai? Natierlech d'Aggressioun
am Gebai, Evasiounen, verbuede Waffen, Kon-
takter mat anere Leit, déi een net soll hunn,
Handyen, Sabotage an och natierlech d'Attack
vu baussen.

Och fir deem zousätzlech entgéintzewierken,
ass eng Unité de garde et de réserve mobile hei
installéiert, e Gebai fir maximal 60 Polizisten,
responsabel haaptsächlech dann och fir den
Transport vun de Prisonnéier. Dës Unitéit ass
ausserhalb vum CPU ugesiedelt, an noer Proxi-
mitéit awer vum CPU, wat och eng Partie Tra-
jete wäert reduzéieren an de Sécherheetsdispo-
sitif ronderëm déi Maison d'arrêt dann och na-
tierlech wäert renforcéieren.

Wann all dës Aarbechte gemaach sinn an den
CPU dann och fonctionnéiert, bitt dat eis dann
och d'Geleeënheet, de Prisong zu Schraasseg
aus- respektiv ëmzebauen. An och do kënnen
dann déi Aarbechtskonditiounen geschafe ginn,
déi néideg sinn, fir e moderne Strofvollzuch
kënnen ze assuréieren.

Wéi Der am Rapport vum 26. Mäerz och konnt
liesen, huet d'Suessem Gemeng finanziell
Kompensatiounen kritt, dat ënner Form vun
erhéichte staatleche Subventiounen fir
d'Konstruktioun vun effentleche Gebai an
engem Droit de superficie fir en Terrain. Dës
Kompensatiounen goufe vun der viregter Re-
gierung ausgehandelt a sinn och du vun der
jétzeger Regierung iwwerhol ginn.

Zum Avis vum Statsrot: En huet eng Rei vu Re-
commandatiounen, eng Recommendation, fir
eng Spezialisatioun vun deenen eenzelne Pri-
songe per Gesetz ze definéieren an ze regelen,
ginn. De Statsrot bedauert, dass dës net ge-
schitt ass am Projet de loi vum Fonctionnement
vun de Centres pénitentiaires a vum Uerschter-
haff. De Statsrot freet dann d'Auteurs vun
deenen zwee Projet-de-loien, dës Projets de loi
ënner dësem Gesichtsponkt och ze réexami-
néieren. A wéi scho virdru bemierkt, gëtt dës
Remarqué vum Statsrot dann och Rechnung
gedroen, wa mer de Projet de loi 6381 an och
6382 mat der Reform vum Strofvollzuch an der
Reform iwwert d'Administration pénitentiaire
hei behandelen.

Ech kommen zum Schluss, Här President, Dir
Dammen an Dir Hären. Merci all de Mataar-
bechter, déi gehollef hunn, dës Projet ausze-
schaffen an elo hei zu engem Vote kommen ze
loossen. D'Gebai steet nach net, mä de Wee,
dee bis dohinner geholl gouf, dat ass dee Wee,
deen an déi richteg Richtung geet.

Heimadder ginn ech dann och den Accord vun
der sozialistescher Fraktioun an ech soen lech
Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Rap-
porteur. Eischt ageschriwwen Riednerin ass
d'Madame Sylvie Andrich-Duval, déi matzäit
ukomm ass, trotz Stau.

Discussion générale

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV). -
Merci, Här President. Här President, léif Kollee-
ginnen a Kollegen, just e Gebai, kéint ee soen,
fir dat mer haut gréng Luucht ginn. Mä, léif
Kolleginnen a Kollegen, et ass kee Gebai wéi
déi aner, well et handelt sech ëm e Prisong, an
e Prisong baut een net all Dag.

De Rapporteur Georges Engel, deen als Dé-
puté-Maire vun der Gemeng Suessem jo haut
eigentlech zwou Kapen ophuet, huet eis dee
wichtige Projet op eng detailléiert Aart a Weis
virgestallt. Duerfir soen ech him Merci fir säin
exzellente schrëfflechen a mündleche Rapport.
Ech wäert mech och dofir op e puer Kommen-
tare beschränken, dat engt op de Kontext vum
Projet an déi aner op de Bauprojet selwer.

Zum Kontext: Dës Bauprojet ass jo agebett an
eng global Reform vum Strofvollzuch a vun der
Prisongsverwaltung, déi ënnert der viregter Re-
gierung, méi genee ënnert der Fiederführung
vum deemoleg Justizminister François Biltgen,
op den Instanzewee bruecht gouf a vu senger
Nofolgerin, der Madame Octavie Modert, viru-
gedriwwen gouf. Dës Reform gëtt mat dësem
Bauprojet deelweis ëmgesat.

De But vun dëser Reform ass engersäits e méi
humanen an effiziente Strofvollzuch, deen am
Aklang ass mat den internationale Rechtsvirga-
ben, ënner anere der Europäescher Mënsche-
rechtskonventioun an de Recommendationen
vum Conseil de l'Europe, anerersäits, d'Integra-
tionschancé vun den „hors-la-loi“ an eiser Ge-
sellschaft ze verbesseren.

Déi inhaltlech Diskussioun leie selbstverständ-
lech an der Kompetenz vun der Justizkommis-
sioun vun der Chamber. Jiddefalls ass déi kons-
tant Iwwerbeleueung vum Prisong zu Schraasseg
schwierig mat deenen do genannte Prinzipien
ze vereenbaren a stellt ausserdeem net ze leug-
nend Sécherheetsproblemer, schwierig Aar-
bechtsbedéngunge fir d'Personal, déi trotz
alldem mussen fir Uerdnung an Disziplin suergen.

Dofir ass et dréngend, dass mer deem vir-
leiende Gesetzesprojet haut gréng Luucht ginn,
an ech ënnersträichen, dass et d'CSV-Fraktioun
war, déi insistéiert hat, dass en op den Ordre
du jour kouw vum der zoustänneger Kommis-
sioun, wou en dann och zesumme mat de
Membere vun der Justizkommissioun ana-
lyséiert gouf.

Zum Bauprojet selwer: De Bau vun engem neie
Prisong fir Häftlingen an Ennersichungshaft er-
laabt et éischtmoleg zu Lëtzebuerg, veruerteelt
Prisonnéier vu Prävenuen, also déi nach net
condamnéiert sinn a fir déi folgelech nach d'On-
schildsvermutung gëllt, ze trennen. Domat
wäert de Prisong Uerschterhaff d'Capacitéit
vum aktuelle Prisong vu Schraasseg a vun der
Anstalt vu Giwenech ëm 400 Plazen erweide-
ren, fir op eng global Capacitéit vun zirka 900
fir Erwuessener ze kommen.

De Prisong vu Schraasseg wäert domat ëm
praktesch d'Halschecht vu senger Prisonnéier
erlichtert ginn. A vum gesamte Personalbe-
stand, dee bei ronn 800 läit, sinn der erëm ëm
déi 300 fir den Uerschterhaff virgesinn, nieft
natierlech deene 60 Poliziste vun der Unité de
garde et de réserve mobile, UGRM genannt,
déi an engem Niewegebai affectéiert sinn an
déi jo mam Transport vun de Prisonnéier be-
optraagt sinn.

D'Fonctionnalitée vum virleiende Bauprojet,
fir deen ech de viregten Nohaltegeets- an
Infrastrukturminister Claude Wiseler a seng
Mataarbechter félicitéieren, ginn dem héijen
Umsproch vun engem moderne Prisongswiese
gerecht. Si erfëllen net nëmmen déi néideg
Sécherheetsbedéngunge bannen a baussen vun
der Enceinte, mä erméiglechen et och, dass en-
gersäits d'Liewen an d'Behandlung vun de Pré-
venuë während hirem wann och éischter méi
kuerzen Openhalt ënner mënschewürdege
Konditiounen oflafen an an engem gudde
Klima stattfannen.



Esou gëtt zum Beispill derfir gesuergt, dass gutt forméiert Personal keng Waffen dréit, dass souwuel d'Gemeinschaftsraum wéi d'Zëmmeren eng confortabel Gréisst hunn an och behënner-tegerecht sinn, dass d'Prisonnéier kënnen Aktivitéiten hunn an dass d'Visité vun der Famill an de Kanner a wuerdege Verhältnissen méiglech sinn. Anerersäits ass et awer och méiglech, eng optimal Virbereedung vun der Entloossung vun de Prisonnéier hei ze garantéieren.

Et ass kloer, dass de Bau deemno fir Prisonnéier an Ennersichungshaft konzipéiert ass a just an Ausnahmefäll fir veruerteelt Prisonnéier soll benotzt ginn oder, wéi schonn ugedéit, och als Iwwergangsléisung während den Émbauarbechte vum Prisong zu Schraasseg, wat eng besonnesch Erausforderung wäert gi fir de Justizminister.

Bleift natierlech e Wuert ze soen zum Site vum Uerschterhaff, nieft der WSA, dee bekanntlech wéi all Site seng Virgeschicht huet. An dofir ass d'Realisatioun vun deem Projet och u gewësse Konditiounen gebonnen. Deemools huet d'Demande vun der Regierung am Joer 2007, fir dee Prisong do an der Gemeng Suessem ze realiséieren, fir grouss Opreegung bei de Suessemer Bierger gesuergt.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

An doropshin huet jo mengen Informatiounen no och de Gemengerot an enger parteiwwergräifender Delegation dee Projet do enger geneeër Analys ënnerzunn an all Aspekter vun deem Dossier gekuckt, och alternativ Siten.

An de Suessemer Gemengerot huet dunn an enger unanimen Motioun den 28. Abrëll 2008 dem Projet säi prinzipiellen Accord ginn, opgrond vun der Zousou vun der Regierung, dass esou mann wéi méiglech Mouvementer géife stattfannen am Zesummenhang mat de Gefaangenentransporter, an awer och nach aner Konditiounen gestallt: éischters, dass de Projet an deenen ugekënnegten Dimensiounen gebaut gëtt an dass dat deen eenzege staatleche Projet ass, deen op deem Site soll realiséiert ginn; zweetens, dass de Buergermeeschter dann eréischt d'Baugenehmegung soll ginn, wann engersäits d'Machbarkeetsstudie vum Projet an d'Virstudie vum Bau ofgeschloss wieren an och den Accord vum Gemengerot kréischen; an anerersäits, weinst deem héijen Traficopkommes, d'Upassungsarbechte vum Stroossenetz mat engem neien Accès zum Site scho fäerdeg, ugefängen oder an der Planung verbindlech wäit fortgeschratt wieren.

An e weidere Punkt: dass d'Architektur vum Gebai sech ästhetesch an den Terrain sollt afügen. E véierte Punkt, eng Rei Kompensatiounen - den Här Rapporteur huet et scho gesot - vum Stat un d'Gemeng Suessem, déi si sollen entschiedegen, fir d'Nuisancen ze kompenséieren, déi duerch dee Projet hei entstinn. An dass e Vertrieber vun der Gemeng kéint de Suivi vun deem Projet begleeden.

Wat déi Virgabe vun der Dimensioun an der Architektur ubelaangt, mengen ech, ass et kloer, dass dee Projet dat alles respektéiert. A fir d'CSV ass et och korrekt, dass eng Gemeng, déi bereet ass, an engem Solidaritéitsgeescht en nationale Projet opzehuelen, dee gewëssen Onannehmlechkeete mat sech bréngt, eng Rei Kompensatiounen kritt. Dat war och scho bei anere Projekten an der Vergaangenheet de Fall.

Den Här Nohaltegeekts- an Infrastrukturminister huet jo och dann an der zoustänneger Chamberskommissioun bestätegt, dass déi nei Regierung d'Engagementer vun der viregter Regierung och géif anhalen. An den Här Rapporteur huet et gesot, dass verschidden ëffentlech Gebaier solle mat méi engem héije staatlechen Taux subventionéiert ginn, gradesou wéi dass en Droit de superficie vun dräi Hektar fir d'Implantatioun vun engem Logistikzenter fir de Centre Hospitalier Emile Mayrisch an d'Zithaklinik soll kënnen méiglech sinn.

Domat wieren och déi Konditiounen erfëllt, wat d'CSV begreist. Wat allerdéngs d'Konditiounen ubelaangt, déi mat der Baugenehmegung vum Buergermeeschter zesummenhängen, besteet nach Klärungsbedarf. Dofir meng Froen un den Här Minister, oder déi Häre Ministeren op der Regierungsbänk: Wéi verleeft et elo konkret mat deenen diversen Etüden? Wat gëtt weini gemaach?

A meng zweet Fro ass gebonnen un d'Fro vun dem Trafic. Déi 300 Leit Personal mat der Police plus d'Visiteure fir 400 Prisonnéier brénge ganz vill Verkéier op de Site, an d'Gefaangenentransporter, déi realisteschereis net ausbleiwen, déi bedéngen nieft de Sécherheetsproblemer an dem héije Käschtpunkt och vill Va-et-vient.

Dofir meng Froen, déi do drunhänken: Wéi gesäit et elo mam Planing an Timing vun de Ponts & Chaussées aus, wat d'Stroosseninfrastrukturen an de Bau vun enger neier Verbindungsstrooss ubelaangt, déi jo soll eng Verlängerung si vun der Pénérante vum Échangeur Gadderscheier erfort iwwert den CR110 bis an d'Lampecher Strooss zu Zolwer, zousätzlech zu engem Busarrêt natierlech? An des Onkäsche si jo och en plus net an dem virleiende Gesetzesprojet virgesinn.

Déi Fro, déi nach drunhänkt: Huet den Här Minister sech verséichert, dass en d'Baugenehmegung vum Buergermeeschter kritt onofhängeg dovun, ob Gefaangenentransporter mussen gemaach ginn oder ob d'Auditiounen vun de Prisonnéier vun den Untersuchungsriichter an der Plaz gemaach ginn oder via Videokonferenzen, wéi d'Gebai et och erméiglecht, oder och, ob d'Chambre du conseil op der Plaz ka siégeieren oder net? D'Séparation des pouvoirs, hu mer héieren, déi bedéngt jo nämlech, dass een de Magistraten do keng Virgaben dierf imposéieren.

D'Baugenehmegung ass awer net déi eenzeg administrativ a prozedural Hürd, déi muss geholl ginn, mä d'Emklasséierung vum Terrain, deen am Moment eng Gréngzon ass, kann eréischt nom Vote vun haut virgeholl ginn. An den Här Minister hat virgeschloen, dass dat net sollt iwwert de Wee vun engem POS, also engem Plan d'occupation du sol staatlecher-säits geschéien, mä dass, vu den Accord de principe vun der Gemeng Suessem, et dem Gemengerot Suessem ze iwwerloosse wier, fir déi punktuell Ännerung vun dem allgemenge Bebauungsplang, vum PAG vun der Gemeng ebe virzubereeden.

Dofir eng weider Fro un den Här Minister: Hutt Der lech do verséichert, a wéi engem Délai dat do ka stattfannen?

Doriwwer eraus sinn awer och nach aner Prozeduren hifälleg, esou d'Kommodo-Inkommodo-Prozedur an och d'Permission de voirie. Kann do den Accord vum Ëmweltministère och an engem rasonablen Délai virleien?

Et läit an Ärer Verantwortung, an der Verantwortung vun der Regierung, fir alles dëst op eng koordinéiert Aart a Weis ze maachen, fir dass dat esou ofleef, fir dass de Prisong ouni Verzögerunge ka gebaut ginn. Dofir meng lescht Fro un Iech: Wéini am Fond gedenkt Der, mam eigentleche Bau kënnen unzefänken? Sinn an där geschater dräijährger Bauzeit déi Genehmigungsprozeduren, déi Délaien, sinn déi do matagerechent oder net?

Egal wéi, fir d'CSV ass et jiddefalls wichteg a richtig, dass, wann eng Gemeng hei parteiwwergräifend en Zeeche setzt, dass de Prinzip vun der Solidaritéit spillt, wann et drëms geet, Verantwortung ze iwwerhuele fir en nationale Problem - an dat ass jo nach laang net iwwerall de Fall an och net an all Dossier -, wann dat esou ass, da sollen d'Awunner aus der Gemeng och esou mann wéi méiglech Schued hunn an och esou mann wéi méiglech Onannehmlechkeeten.

Här President, déi ronn 155 Milliounen Euro an déi net onerhiefléch Folgekäschten sinn néidegt a gutt investéiert Geld, fir e seriöse Gesellschaftsproblem esou gutt wéi méiglech a besser ze géréieren. An dofir ginn ech och heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun zu deem an hiren Aen dréngende Projet de loi.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme la Présidente.** - Merci, Madame Andrich, fir déi konstruktiv Interventioun. Nächst ageschriwwen Riednerin ass d'Madame Josée Lorsché vun déi gréng. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Madame Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kollegen, ech denken, den Numm John Lennon ass jiddwerengem heibannen e Begrëff, zumindest deene Leit, déi scho méi laang op dëser Welt ënnerwee sinn. Et war en engagéierte Sänger, dee vu Friden a Gewaltlosegkeet op der ganzer Welt gedreemt huet. En huet 1971 dat schéint Lidd geschriwwen „Imagine“. Néng Joer drop ass e selwer d'Opfer gi vun engem kriminellen Akt vu Gewalt.

Wat ech domat wëll soen, ass eigentlech just: Mir kënnen vun enger Welt dreemen ouni Gewalt, mir kënnen se imaginéieren, wéi am Lidd, mä d'Realitéit beweist, dass et se net gëtt. Déi héich Zuel vu Persounen, déi an eisem Land zu enger Prisongsstrof condemnéiert sinn oder an Untersuchungsstaf sëtzen, seet genuch.

Am Juli 2013 louch déi Zuel zu Schraasseg bei iwwer 700; dat war fir d'Éischt, wou d'700-Grenz iwwerschritt ginn ass. Donieft muss een och un déi hallef oppe Struktur zu Giwenech denken, wou och nach eng 70 Leit ënnerbruecht waren. Et ass kloer, dass déi Zuele vu Joer zu Joer variéieren, mä et ännert näischt

drun, dass d'Moyenne ëmmer ze héich läit, scho jorelaang. D'Limite vun der verträglicher Capacitéit ass längst erreecht, respektiv se ass iwwerschritt.

Trotzdem kritt een ëmmer erëm d'Fro gestallt, ob mir dës Prisong iwwerhaupt brauchen. Mir hunn der jo schonn zwee. Déi Fro hätt een eigentlech scho virun 20 Joer kënnen stellen a schonn deemools hätt ee se misse mat Jo beäntweren. A mir brauchen en och nach haut, well ouni de Bau vum Uerschterhaff huet de moderne Strofvollzuch zu Lëtzebuerg keng Zukunft.

Och wann de Gedanken un e Prisong éischer e Gefill vu Beklemmung ervirriift oder un e gesellschaftlechen Échec denke léisst, kann ee bei deemem Projet eigentlech just erliichtert sinn, well et endlech zum Bau kënn. Den akute Plazmangel gëtt mat deemem Projet behuewen a Schraasseg kann entlaascht ginn.

Allerdéngs geet et net just ëm Plaz, et geet ëm vill méi. Et geet drëm, dass endlech déi néideg Kaderbedéngunge geschafe ginn, fir de moderne Strofvollzuch zu Lëtzebuerg zur Realität ze maachen.

Natierlech handelt et sech ëm e Bauprojet, deen an d'Kompetenze vum Infrastrukturminister fällt, mä awer muss ee soen, dass och juristesche Voleten an deemem Projet erëmfanne sinn. Och de Georges Engel huet drop higewisen, dass mer am Hierscht Enn des Jores eng Diskussioun wäerte féieren iwwer zwee weider Gesetzesprojeten, déi mer haut dann net wäerte weider verdéiwen a well mer virun allem där Diskussioun och net virgräife wëllen.

Well awer juristesche Voleten bei deemem Projet determinant waren, mussen mer awer liicht drop aagoen. Et ass jo schlisslech esou, dass d'Architektur vun engem Gebai zoustänneg ass fir dat, wat herno am Gebai kann oflafen. An et ass och esou, dass d'Architektur vun engem Gebai zoustänneg ass fir d'Wuelbefanne vun de Leit. Dat ass net nëmme am Prisong esou, dat zielt fir all Gebaier.

Op de moderne Strofvollzuch bezunn heescht dat, dass souwuel de Bannen- wéi och de Bauseberäich vum Prisong de Grondrechter vun de Prisonnéier muss Rechnung droen. Dës Grondrechter sinn, wéi gesot, vum Conseil de l'Europe definéiert ginn a sinn och duerch ganzer 107 konkret Recommandatiounen ergänzt ginn.

Ee vun de wichtigste Prinzipien besteet ebe just doran, dass d'Untersuchungshäftlinge vun definitiv condemnéierte Prisonnéier getrennt mussen ginn. Dës Konditioun ass iwweralls och am Artikel 10 vum Pacte civil vun de Vereenten Natiounen festgehalde ginn, dee seet: Beschëllegter sinn, ofgesi vun aussergewöhnlechen Situatiounen, vu Veruerteelte getrennt ënnerzebréngen an esou ze behandelen, wéi et hirer Positioun als Netveruerteelten entsprécht. Dat heescht an anere Wieder, dass d'Untersuchungshäftlingen esou behandelt mussen ginn, dass net den Androck entsteet, se géifen zur Verbeisung vun enger Strof festgehalde ginn. Se hu keng Strof kritt, da kënnen se och keng Strof verbeissen.

Well d'Untersuchungshäftlingen zu Lëtzebuerg säit jeehier zesumme waren an darselwechter Anstalt wéi déi Condamnéiert, gëtt eist Land regelméisseg vun internationalen an nationalen Organisatiounen kritiséiert, wéi ënner anerem och der Ligue des Droits de l'Homme. Dat ass bedauerlech fir e Land, wat sech gäre mat humanitäre Wäerter schmückt an et ass keng gutt Zensur fir Lëtzebuerg. Émsou méi erfleeche ass et dann awer, wann ee weess, dass ebe just de Projet vum Uerschterhaff dës miserabel Situatioun wäert berengegen, andeems eng Struktur geschafe gëtt, déi eenzeg an eleng den Untersuchungshäftlingen zeguttkënn.

Domat gëtt de Prisong vu Schraasseg zu 40 Prozent entlaascht. Dat ass vill, well ganz genee 40 Prozent vun de Prisonnéier zu Schraasseg sinn an Untersuchungsstaf. Grad dësen Aspekt ass an eiser Meinung determinant a wichteg gewiescht fir d'Planung vun deemem Gebai.

D'Resultat, wat dobäi erauskomm ass, léisst sech weisen: Souwuel am Wunnberäich wéi och am Bauseberäich ginn déi sozial Kontakter, d'Autonomie an d'Bewegungsfreiheet vun den Inhaftéierte gefërdert, während et nëmme an gewëssen Noutfäll zur Isolatioun soll kommen.

Ech wëlt och eppes soen zu der Begleedung duerch den SPSE, de Service psycho-socio-éducatif, deen eng ganz grouss Roll an de Prisong spillt. Mir hoffen, dass déi Aarbecht elo wäert verstärkt ginn, fir individuell op all Prisonnéier kënnen anzegoen, jee no senger Situatioun a jee no sengem Bedürfnis. D'Aarbecht vun deemem Service gëtt méi wéi jee gebraucht a féiert hoffentlech dozou, dass d'Prisonnéier nees Perspektive viru sech hunn an net nach just an e schwarz Lach kucken an dass domat och déi

héich Zuel vu Suiciden an de Prisong wäert erofgoen. Och dofir ass Lëtzebuerg bekannt an och dat ass keng gutt Zensur fir eist aktuell Prisongswiesen!

Léif Kolleeginnen a Kollegen, gutt Aarbecht kann dee Service nëmme leeschten, wann déi néideg an déi richteg Plaz dofir geschafe gëtt, emol onofhängeg dovun, dass dee Service eiser Meinung no och personalméisseg misst opgestockt ginn, um Uerschterhaff an zu Schraasseg.

Wichtig sinn awer och d'Raimlechkeete fir d'Formatioun a fir manuell Aktivitéiten oder och fir de Sport. D'Formatioun vum Personal ass dat eent, d'Formatioun vun de Prisonnéier dat anert, och déi soll net vergiess ginn. Ech hu gesinn, dass och Bibliothéiken do sollen age-richt ginn, wat eng gutt Saach ass. Bei verschiddene Prisonnéier muss et drëms goen, den Usschloss zu der Schoul net ze verpassen, vu dass et meeschtens jonk Leit sinn, oder eben eng feelend Ausbildung nozehuelen, wann d'Zeit et erlaabt.

A bei aneren, muss ee soen, do muss et drëms goen, se zum Schaffen ze kréien, hinne Loscht ze maachen op Aarbecht, manuell Aktivitéiten duerchzuféieren an op Kreativitéit ze bauen.

Bei anere kënn de Sport zum gréissten Virdeel. Déi sozial Kontakter an den Opbau vu Frëndschaften am geliefte Alldag ze féieren, soll d'Zil si vun dëser Architektur. Dat ass eng informell Manéier, fir zur Resozialisatioun bäize- droen. Ebe just de Sport huet wichteg Auswierkungen, net nëmme op d'Gesondheet, op d'Wuelbefannen an op d'Kierperbefannen allgemeng. De Sport huet haaptsächlech och Auswierkungen, wann et drëms geet, sozial, integrativ an therapeutesch ze schaffen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Besonnesch ervirhiewe wëlt ech och d'Tatsaach, dass d'Personal - als éischten Uspriechspartner vun de Prisonnéier - innerhalb vun der Enceinte keng Waffe wäert droen. Nëmme esou kann eng Relatioun opgebaut ginn, déi op Vertraue baséiert an net, wéi üblicherweis, op Mësstrauen.

Eng aner wichteg Relatioun, déi een net sollt vergiessen, ass d'Relatioun zu der Famill, natierlech am Fall, wou d'Prisonnéier iwwerhaupt Famill am noen Ëmfeld hunn. Dat ass nach laang net ëmmer de Fall an eisem Land. Hei gëtt Neiland betrueden, well d'Visiten oniwwerwaacht kënnen oflafen, eppes, wat an enger Haftanstalt bis elo net üblich war, wat awer ëmmer méi opkënn. Mir ënnerstëtzen dës Dispositioun voll a ganz, well se de perséinleche Lien vum Prisonnéier zu senger Famill oprechterhält an net wéi bei iwwerwaachte Gespréicher zu Hemmschwelle féiert.

Net ze vergiessen natierlech sinn och beim Uerschterhaff déi Prisonnéier, déi opgrond vun hirem Alter oder hire spezifesch Bedürfnissen an enger ageschränkter Mobilitéit liewen an awer mussen Rechnung gedroe kréien. Nëmme wann d'Konzept mat der Architektur verschmëlzt, ass dat, wat ech alles opgezielt hunn, méiglech.

Dofir de Lien och zu de juristesche Voleten. Mir begreissen ausdrécklech dowéinst, dass déi enk Zesummenaarbecht tëscht dem Justizminister an dem Infrastrukturminister respektiv dem Statssekretär zu deem ausgeräifte Projet gefouert huet, wat et och erméiglecht, vum klassesche Régime cellulaire op de vill méi fortschrëttleche Régime en commun iwwerzegoen, dat heescht, dass d'Prisonnéier net méi eleng an hirer Zell mussen sëtzen.

A sengem Rapport ass de Georges Engel nach vill méi wäit op d'Detailler agaangen. Dofir wëll ech déi net widerhuelen, wëlt him awer villmools Merci soe fir seng Aarbecht, an dat am Numm vun der grénger Fraktioun.

Et fällt op, Léif Kolleeginnen a Kollegen, allgemeng gesinn, dass dës Infrastruktur sech an d'Entwécklung vun de Prisongsinfrastrukturen an Europa areit. Domat steet den Uerschterhaff am krasse Géigesaz zu den Infrastrukturen aus fréieren Zäiten, wou et net ëm de Mënsch gaangen ass, mä ëm de Fräiheitsentzuch. Während déi éischt Prisongen aus däischteren a fiichte Kerkeren ouni Fenster bestanen hunn, gi se haut éischer op der grénger Wiss gebaut, do, wou d'Prisonnéier d'Beem gesinn, déi de Laf vun der Zeit symboliséieren, vläicht grad de Laf vun där Zeit, déi se müssen ofwaarden, bis se befreit ginn.

De Basisprinzip vun de moderne Prisongen ass einfach: D'Architektur an d'Landschaftsbild sollen dozou féieren, dass d'Gefill, iwwerwaacht an agespaart ze sinn, esou niddereg wéi méiglech ass.

Wéi wäit d'Architektur vum Prisong sech op d'Verhalen an op d'Perceptioun vun de Prisonnéier auswirkt, huet de franséische Schrëftsteller a Philosoph Michel Foucault



schonn am Joer 1975 a sengem Wierk „Surveiller et punir“ beschriwwen. An deem Wierk ass den Auteur op den Effet vun sougenannten „Panopticon“ agaangen, engem zentralen Iwwerwaachungsturm, deen um Enn vum 18. Jorhonnert an England erfount ginn ass an d'Prisonsinfrastruktur vum 19. Jorhonnert inspiéiert huet.

Laut dem Michel Foucault hat deen Tuerm eng besonnesch effikass Wierkung. An der Enceinte vum Prisong huet en nämlech dozou gefouert, dass d'Prisonnéier sech permanent iwwerwaacht gewosst an iwwerwaacht gefillt hunn, souguer, wann den Tuerm guer net besat war. An anere Wieder, d'Prisonnéier haten d'Prisonsgmaueren, bildlech ausgedréckt, am Kapp, mam Resultat, dass op Waffen an op Gewalt verzicht konnt ginn.

Um Uerschterhaff - an doriwwer si mer frou - wäert och op Waffen a Gewalt verzicht ginn, allerdéngs net an der Logik vum 18. an 19. Jorhonnert, mä an der Logik vum 21. Jorhonnert, déi op e moderne Strofvollzuch setzt an op d'Menscherechter.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, nodeems d'Diere vum Prisong am Gronn am Joer 1985 zougemaach gi sinn, well déi mëttelalterlech Zoustänn net méi tragbar waren, gëtt de Prisong vu Schraasseg net zougemaach. Wann den Uerschterhaff Enn 2017/Ufank 2018 a Betrieb geet, kënn et zum Réaménagement vum Prisong vu Schraasseg, fir weider Verbesserungen am pénitentiaire Beräich ze erreechen.

Mir wëssen, den Zäitplang ass stramm, Här Minister, Här Statssekretär, mä mir sinn iwwerzeegt, lech geet d'Energie net aus, och net, wann Der sprinte musst.

An deem Sënn soen ech lech alleguer villmools Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och der Madame Lorsché. Nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, an engem regelméisseg Rhythmus diskutéiere mer jo hei an der Chamber iwwert den Strofvollzuch, besonnesch awer och, well sech nei Entwécklungen an der Gesellschaft vollzunn hunn. Deen Débat vun haut kann ouni Zweifel an déi Tradition agereit ginn, och wann et sech natierlech prioritär ëm e Bauprojet handelt. Mä mir wëssen alleguer, an d'Virriedner hunn dat schonn hei betount, datt Infrastrukture natierlech am Strofvollzuch eng wesentlech Roll spillen.

E kleng Réckbléck an d'Geschicht weist och, datt de Prisong ëmmer natierlech e kriddelechen Thema war, net nëmmen hei op der Tribün, mä och dobaussen. No 1869 gouf jo déi fréier Abtei Münster de Männerprisong. 1891 hat du schonn eng Kommissioun der Regierung matgedeelt, dee Prisong géif net den «conditions psychologiques et morales» entsprechen. 1909 gouf dunn den Neibau vum engem Prisong um Plateau Fort Neipperg proposéiert, allerdéngs ni realiséiert. A wat och interessant ass: An der Okkupationszäit am Zweete Weltkrich war iwwregens dee Plateau Fort Neipperg och virgesinn, fir e Prisong ze bauen, wat awer och, wéi gesot, net realiséiert gouf.

De Männerprisong am Gronn - an et si jo mat Sécherheet nach eenzel Leit, déi sech och dorunner kënne gutt erënneren -, dee war jo an engem ganz schlechten Zoustand an et koom jo do den 30. Oktober 1975 zu engem Opstand, wou jo virun allem och eng memorabel Geiselnahme stattfonnt huet a wou d'Gebriider Bernardy eng gewësse Roll do gespillt haten.

Dofir gouf jo och 1973 e Concours ausgeschriwwen, fir de Bau vum engem neie Prisong virzehuelen. An 1977 ass dunn hei an der Chamber de Bau vum Prisong zu Schraasseg décidéiert ginn, dee jo 1984 och konnt a Betrieb geholl ginn.

Zwëschent 1974 an 1979, wéi d'Kolleege vun der CSV jo schonn eng Kéier an der Opposition waren, do goufe jo besonnesch hefteg Debatten ëm de Strofvollzuch hei zu Lëtzebuerg gefouert. Et goufen Aussoe gemaach, wéi wann de Gronn e Fënnestärenhotel wär, a Schraasseg ass duergestallt ginn, wéi wann dat eng nei Luxusherberg fir Détenué géif ginn. A wéi gesot, den Toun, deen deemools geherrscht huet, war jo net deen allerfeinsten. A wann een emol am „Lëtzeburger Wort“ aus där Zäit géif noliessen, da géif ee feststellen, datt do d'Demissioun vum deemolege Minister, dem Robert Krieps, jo ganz oft gefuerdert gouf.

1986 hat eng Spezialkommissioun „Sécurité publique“ an hirem Rapport Folgendes geschriwwen: «L'escalade de la violence des dernières années, amplifiée par les reportages à sensation des media, a inévitablement conduit

à une saturation de la capacité d'émoi de la population. À cela s'ajoute le déplorable culte de la violence propagée par les mass media. La violence, même sous ses formes les plus odieuses, est enregistrée par le public comme un banal fait divers. En plus, les critères éthiques et moraux se sont modifiés dans la société occidentale, au fil du temps.» Wéi gesot, dat sinn 28 Joer hier.

An am Rapport iwwert den Débat d'orientation, deen 2007 hei stattfonnt huet, konnt een an deem Kontext dann och nach Folgendes liesen: «Depuis ce rapport», also dee vun 1986, «les nouvelles technologies, dont notamment les jeux vidéo, ont favorisé une image „positive“ de la violence, surtout auprès des plus jeunes, donc des plus vulnérables, et la sensation que la violence fait en quelque sorte partie de la société. S'y ajoute un manque de repères, d'ordre familial ou social, qui frappe une couche de plus en plus importante de la population.» Ech mengen, Wieder, déi och haut nach ouni Zweifel ze denke ginn!

Gewalt, an dat ass dat, wat leider ze bedauern ass, gëtt nawell gären heiansdo an eiser Gesellschaft deelweis banaliséiert. Dat däre natierlech ënner kengen Ernstänn sinn. D'Fro, déi sech natierlech stellt: Wéi solle mer mat där Problematik do ëmgoen?

Eng Mëschung vu geziilter Erzieungsarbecht, präventive Moossnamen a Repressioun kann d'Antwort sinn. Repressioun ass natierlech ëmmer déi ultieme Léisung, mä mir komme leider an enger moderner Gesellschaft och net laanscht d'Repressioun. An da si mer natierlech ganz séier bei der Diskussioun och iwwert d'Infrastrukturen.

Eis Populatioun wäert och an Zukunft wuessen. A mir sollen eis och kengen Illusiounen hignn: Och wäert leider d'Kriminalitéit net ofhuelen! Et ass also ganz kloer, datt dee Bau vum engem drëtte Projet hei vum engem Prisong méi wéi noutwendeg ass.

De Prisong vu Schraasseg, an ech mengen, och do seet een näischt ganz Neits, kämpft jo - leider, muss ee soen - mat engem gewëssen Imageproblem: Ausbréch - et waren iwwregens 26 Tentativ bis 2007, duerno kee méi -, Drogenhandel, Iwwerbesetzung, Suiciden - 60 Stéck an deene leschte 70 Joer! - a Gewalt gi leider mam CPL associéiert. Mä ech fannen awer, datt et ongerecht ass, fir e Prisong ëmmer esou negativ duerzestellen, well et gëtt wahrscheinlech kee Prisong op der ganzer Welt, deen net och vum enger ganzer Rei Problemer heemgesicht ginn ass, an zënter datt e besteet.

Datt de Schraasseger Prisong seng maximal Capacitéiten erreecht huet, dat ass jo och net nei. Mir haten 1984 205 Gefaangener, op de leschte 17. Mee waren dat der 676, wann ee Giwenech derbäizielt. «La surpopulation carcérale constitue un problème majeur à l'heure actuelle face auquel un État de droit digne de ce nom se doit d'agir.» Citatioun aus dem Rapport vum Juni 2007, datt sinn, wéi gesot, ganz genue siwe Joer hier.

An deemools ass och gesot ginn, datt Schraasseg op kee Fall däre en „prison fourretout“ sinn. An net méi spët wéi de leschte 17. Mee huet jo den Direkter vu Schraasseg am „RTL Background“ och ganz kloer op déi Problematik higewisen a gesot, datt eng maximal Zuel vu 500 Prisonnéier u sech ideal fir de CPL wier.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'DP ass jo ouni Zweifel e kloren Unhänger vum engem gutt funktionnéierende Rechtsstat, duerfir begreisse mir haut ganz kloer och de Projet vun dem drëtte Prisong hei am Land. Mir haten an der Vergaangenheet jo regelméisseg schonn op dës Thematik higewisen, sief dat iwwert de Wee vu Questions parlementaires, sief dat iwwer Heures de questions (veuillez lire: Heures d'actualité), sief dat iwwer Interpellatiounen.

An ech wëll och hei nach eng Kéier drop hiweisen, datt deen heitege Statsminister, de Xavier Bettel, an der Vergaangenheet méi wéi emol deen een oder deen anere Justizminister an d'Schweesse bruecht huet duerch seng ganz geziilt Interventiounen zu de Mësstänn am Strofvollzuch hei zu Lëtzebuerg. An ech wëll och drun erënneren, datt schonn an enger Interpellatioun vum 5. Juli 1995 d'DP souguer d'Asetze vum enger Spezialkommissioun iwwert de Wee vun enger Motioun gefuerdert hat, fir där Problematik do kënnen Här ze ginn.

Datt elo d'Untersuchungshäftlinge vun de veruerteelte Prisonnéier getrennt ginn, entsprécht natierlech engem moderne Strofvollzuch, wat mer nëmme kënne begreissen. Mir droen och domat dem Artikel 9 vun dem Gesetzesprojet 6382 iwwert d'Reform vum Prisongsverwaltung Rechnung.

An deem Kontext hei muss een awer och emol erëm eng Kéier op de Rôle vum Conseil de

l'Europe hiweisen, dee jo ouni Zweifel eng ganz wesentlech Roll an der Entwécklung vum engem humane Strofvollzuch an deene leschte Jorzéngte gespillt huet. Et ass och dowéinst e bëssen ze bedauern, datt grad déi Institutioun vläicht net ëmmer déi néideg Ënnerstëtzung dobausse bei der grousser Populatioun fënn.

Dann direkt e Wuert zum Site: Natierlech ass et net einfach, e Site ze fannen, an natierlech ass et nach vill méi schwéier, och eng Gemeng ze fannen, déi bereet ass e Prisong op hirem Territoire opzehuelen. An et si jo genuch Gemengepolitiker heibannen, an déi wäerte mer dat jo wahrscheinlech net falsch maachen, dass et mat Sécherheet vill méi einfach ass, en nationale Sportkomplex op säin Territoire ze huelen, wéi eben e Prisong.

An ech wëll dat ganz kloer hei soen, et soll een d'Gemeng Suessem hei wierklech luewen, datt se de Courage hat, fir dee Schrack do ze goen, well - an de Georges Engel weess dat vill besser wéi ech - et war jo mat Sécherheet net esou einfach. A wann een e bëssen esou zréckkuckt, wat eenzel Leit, besonnesch am Joer 2006/2007, esou vu sech ginn hu vis-à-vis och vun de lokalen Autoritéiten, well se bereet waren, dee Prisong op hirem Territoire opzehuelen, dat war jo bestëmmt net ëmmer ganz lëschteng, an d'Gemeng huet sech awer trotzdem do duergesat.

An ech wëll och nach eng Kéier un déi Motioun hei erënneren, déi d'Madame Andrich schonn hei zitéiert huet vum Abrëll 2008, déi iwwregens och vun der lokaler DP-Sektioun deemools matgedroe ginn ass, wat am Fong och scho ganz kloer de Beweis war, datt d'DP net nëmmen um nationalen Niveau, mä och um lokalen Niveau déi lokal Autoritéiten - onofhängeg, op wat fir enger Plaz datt se souzen - ënnerstëtzt huet.

Datt d'Gemeng hei eng Rei finanziell an och aner Virdeeler als Géigeleschtung kritt, fannen ech net méi wéi normal. An dat soll och esou sinn. Et kann net nëmme sinn, datt d'Gemenge sech d'Grimmelen eraushuelen, mä och déi Gemengen, déi bereet sinn hei en Akt ze maachen am Intérêt national, sollen och deementspriedend dann eng gewësse Kompensatioun ouni Zweifel zegutt hunn.

Wat d'Terrainen u sech ubelaangt - an de Rapporteur, deem ech iwwregens wëll och hei villmools Merci soe fir säi schrëftlechen a säi mündleche Rapport -, ass et jo esou, datt déi jo och schonn am Besëtz vum Stat sinn, wat natierlech munches wäert an Zukunft erméiglechen.

Zum Bau u sech vläicht e puer Remarquen: Ech mengen, et ass evident, datt och hei awer muss robust Material gebraucht ginn. Ech hunn och mat Interesse festgestallt, datt den alternativen Energien eng breet Iwwerleeung..., also datt déi och do genotzt ginn - 1%, mengen ech, ass et vun de gesamten Dépensen. Ech hunn de Rapport zwar, mengen ech, gutt gelies, et ass mer allerdéngs net opgefällt, wat mam Reewaasser geschitt. Et kann awer sinn, datt ech dat iwwersinn hunn. Ech hunn awer d'Gefill, wéi wann dat iergendwéi net mat berücksichtegt gi wär. Dowéinst kéint een awer och deen Aspekt vläicht nach eng Kéier iwwerdenken, well et ass och wichteg, datt de Stat an d'Gemengen op deem Gebitt awer mam gudden Beispill virginn. Datt d'Aussenanlagen naturno gestalt ginn, ass evident an ass och hei ze ënnersträichen.

Mat Satisfaktioun muss een dann awer och feststellen, datt d'Konzeptioun vun deene véier Pavillonen an den Zellen eng besser Form vun Zesummeliereen erlaabt. An et ass och hei schonn ugeschnidde ginn, datt sech natierlech - Gott sei Dank - eng immens positiv Entwécklung am Strofvollzuch gemaach huet, datt och haut de Prisonnéier soll nach wie vor a senger voller Dignitéit gesi ginn an datt och de Prisong muss esou konzipiéiert ginn, datt awer e würdegt Liewen hannert de Mauere méiglech muss sinn. Ech fannen et och ganz positiv, datt hei Zellen aménagéiert gi fir Détenuen, déi e physischen Handicap hunn.

De Virdeel jiddefalls vun deenen neie Logementen besteet doran, datt e Maximum vun der Zäit an der Gemeinschaft ka verbruecht ginn an déi dann och deementspriedend no de Besoine kënnen échangéiert ginn.

Datt elo a verschiddene Fäll och Visiten ouni Surveillance méiglech sinn, ech mengen, och dat entsprécht engem moderne Strofvollzuch. Dat ass och ze begreissen. Allerdéngs muss een och do realistesch sinn, datt et natierlech net ka fir all Fäll gëllen. Mä hei muss een och Vertrauen an d'Direktioun hunn, déi mat Sécherheet scho weess, wéini am Fong geholl dann eng Visite ouni Surveillance vir sech goe kann.

Am Prisong muss d'Wuebfanne vun de Prisonnéier nach ëmmer e gewëssene Stellwäert behalen. An dowéinst ass et och wichteg, datt

do eng Rei zousätzlech Infrastrukture virgesi sinn. Ech denke virun allem un déi sportlech Aktivitéiten, déi do kënne gemaach ginn, well Sport jo awer och derzou bäidréit, fir gewëssen Aggressiounen ofzebauen. Wichteg ass et och, datt deem kulturellen Aspekt hei eng Bedeitung zoufält duerch zum Beispill och d'Aménagéiere vun enger Bibliothék. Allerdéngs muss d'Gesellschaft, wéi gesot, engem Détenu dann och d'Chance bidden, déi haart Zäit esou sënnavoll wéi méiglech kënnen ze notzen. An ech verweisen och hei op der DP hire Wahlprogramm vun 2013, wou mer kloer geschriwwen haten: „Weiterbildung und die Möglichkeit von Schul- und Berufsabschlüssen im Gefängnis tragen zur Resozialisierung der Betroffenen bei.“

Am Gesetzesprojet 6381 iwwert d'Exekutioun vun de Strofen ass jo dann och virgesinn, datt eng sougenannte Videokonferenz ka virgesi sinn. Hei am neie Prisong Uerschterhaff gëtt jo dann déi Infrastruktur och aménagéiert. Dat ass a priori och e Mëttel, wat an der Zukunft soll vläicht verstärkt gebraucht ginn, well et eng Rei Virdeeler mat sech bréngt - ënner anerem entfält den Transport. Allerdéngs muss eng absolut Sécherheet garantéiert ginn, datt een net iwwer aner Weeër kann zum Beispill esou Liveschaltung mat suivéieren - dat wier natierlech alles aneschtens wéi virdeelhaff.

Op där anerer Säit däre en awer och net vergiessen, datt sougenannte Videokonferenzen awer och deen een oder deen aneren Nodeel hunn. Ech denken zum Beispill drun, datt d'Kierpersprooch net esou zum Virschäin kënn, wéi wann de Face-à-face zwëschent dem Détenu an dem Procureur oder dem Untersuchungsrichter stattfënn.

E weidere positiven Aspekt ass dann awer ouni Zweifel och de Formatiounsinstitut. Ech mengen, hei gëtt den zukünftege Giichtercher d'Méiglecheit gebueden, och direkt op der Plaz selwer sech mat hirem neie Lieu de travail ze familiariséieren an duerfir ass och déi Infrastruktur ze begreissen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer natierlech vum engem Prisong schwätzen, da komme mer net derlaanscht virun allem op den Hauptaspekt hinweisen, datt ass natierlech d'Sécherheet. Duerfir ass et evident, datt déi performant Systemer do musse gebraucht, genotzt ginn, fir datt eben Évasiounen esou wäit wéi méiglech mussen évitéiert ginn.

Wa mer scho vun Évasiounen schwätzen, da wëll ech vläicht nach eng Kéier kuerz un déi lescht spektakulärst erënneren, dat war den 20. Februar 2007 vum Nuka Kujtim, dee jo dann anscheinend aussergewéinlech Héichspréngerqualitéiten hat. Jiddefalls war dat jo dat Evénement, dat zu ganz villen Diskussione gefouert huet, datt awer och dozou bäigedroen huet, datt zousätzlech Efforte gemaach gi sinn, fir d'Sécherheet ze garantéieren. An ech mengen, datt een och an Zukunft soll permanent dem Aspekt Sécherheet grouss Rechnung droen a firwat och net sech permanent mat ausländesche Spezialiste konzertéieren.

D'Typologie vun dem neie Gebai an enger Y-Form misst jiddefalls och, wéi gesot, mat Vernetzung vu villen Aktivitéiten, zu enger verbesserter Sécherheet bäidroen. D'Unité de garde et de réserve mobile mat 60 Polizisten ass och e weidert Element, dat am Fong geholl d'Sécherheet wäert zousätzlech garantéieren.

An engem Prisong däre natierlech och eng adequat medezinesch Versuergung net feelen. Et ass evident, datt déi sech awer soll op déi néidegst medezinesch Ënnerstëtzung limitéieren. An datt hei elo net e Spidol am Uerschterhaff aménagéiert ginn ass, fanne mer op alle Fall ganz normal.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer vläicht zum Schluss, nach e puer Bemerkungen ze maachen iwwert den Aspekt vun der Resozialisierung vun Détenuen, well jo awer dee Projet hei och an deem Kontext muss gesi ginn a well dee Projet hei jo awer och eng Rei Neierunge mat sech bréngt, déi zu engem méi humane Strofvollzuch wäerte féieren.

An ech wëll hei un den DP-Justizminister vun 1973 erënneren, dat war den Eugène Schaus, an hien huet deemools eng ganz interessant Ausso gemaach: «Les responsables de l'exécution des peines et des établissements de détention se sont en effet rendu compte que ce ne sont pas des améliorations de détail qui changeront notre système pénitentiaire, mais qu'il y a lieu de procéder à un changement radical de politique pénale et de considérer comme primordial non pas l'institution en tant que telle, mais la personne humaine, et cela vaut et pour le personnel de garde et pour le détenu.»



Ech mengen, och haut sinn esou Aussoen ouni Zweifel nach vu ganz grousser Wichtegkeet.

A bei den Debatten ëm den Ausbau vum Schraasseger Prisong de 7. Juli 1992 hat och meng heiteg Fraktiounskolleege, déi war deemools scho Member vum Parlament, d'Anne Brasseur, eng ganz interessant Ausso gemaach, wat ebe méi eng staark Resozialiséierung vun den Détenuen ubelaangt. Ech zitieren: „Et gi leider Leit, déi sinn net averstane mat engem Strofvollzuch, wou de Gefaangenen d'Méiglechkeet soll gi sinn, sech erëm an d'Gesellschaft anzeglidderen. Deene muss ee soen, dass, wann een en ekonomesche Calcul mécht, een et dach muss fäerdegbréngen, dass déi Détenuen erëm an d'Gesellschaft agegliddert ginn, well et gëtt vill méi deier, wa se récidivieren.“ Och dat, mengen ech, ass eng Ausso, déi hir voll Gültegkeet nach huet.

No der Realisatioun vun dem Projet Uerschterhaff steet ouni Zweifel dann och den Émbau vum Schraasseger Prisong um Programm. Mir müssen eis eben an eiser Gesellschaft déi néideg Mëttel ginn, fir eng gelonge Resozialiséierung och vun den Détenuen ze erméiglechen. An, wéi gesot, nach eng Kéier: De Projet vun haut weist ouni Zweifel an déi richteg Richtung.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Käschte vum Uerschterhaff belafe sech op praktesch 156 Milliounen. Dat ass natierlech a priori vill Geld. Mä och do soll ee sech kengen Illusiounen higinn. Wa bis mam Bau ugefaange gëtt, an den Här Engel huet jo hei vu fréistens 2017 geschwat, wann ech e gutt verstanen hunn, wäerten natierlech d'Präisser bis dohinner kaum zrëckgaange sinn, mä wäerten nach an d'Luucht gaange sinn, soudatt ee sech awer och muss op eng gewëss Augmentatioun vun den Devisen hei astellen.

Trotzdem ass et awer evident, dass dee Bau hei iwwerwichtig ass. An d'Demokratesch Partei steet an all sengen Dimensiounen zu dem Bau, wéi gesot, vun engem drëtten Prisong hei am Land, zu dem Bau vum Uerschterhaff. An ech bréngen an deem Sënn och selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der DP.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Gusty Graas. Nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, ech wëll vun eiser Säit aus fir d'Éischt och dem Kolleege Georges Engel als Rapporteur Merci soen zu deemem Projet. Ech mengen, dass hie Rapporteur vun deemem Projet ass, ass scho bal eng Normalitéit. Et ass e Projet mat enger laanger Virgeschicht, mat där seng Gemeng vill befaasst war an och vill Problemer huet missen aus dem Wee raumen.

Mir wëssen alleguer, dass e Bau vun engem Prisong, dat ass net déi populärsten Initiativ, déi e Politiker kann huelen, wann en deen an iergendwéi enger Gemeng an enger Uertschaft implantéiert. Et ass wuel populär an och richteg a gutt am Kader vun engem moderne Strofvollzuch, dass mer Prisonge bauen. Mä déi Gemeng oder déi Uertschaft, déi e Prisong kritt, do ass et selbstverständlech vill méi schwierig, fir de Bierger dat verständlech ze maachen.

Dat war och eng vun deene grousser Suergen an der Gemeng Suessem, wou jo vill Leit sengerzäit op d'Barrikade gaange sinn, wou Initiativen ënnerschrivwe gi sinn, wou einfach vill Leit gemengt hunn, dee Prisong géif fir si negativ Konsequenzen, fir si direkt oder fir d'Leit aus der Émgegend, matbréngen.

D'Gemeng war deemools zu Suessem ganz clever a gutt informéiert an orientéiert, wéi se decidéiert huet, fir en iwwerpartielechen Aarbechtsgrupp anzesetzen, dee sech mat all deene Suergen a Bedenke vun de Leit befaasst huet, wou Entrevuë stattfonnt hu mat deene verschiddene responsabele Ministeren. Ech mengen, et war den Här Frieden an den Här Wiseler, déi déi Zäit och mat der Gemeng zesumme waren, mat Verwaltungen an esou virun, fir driwwer ze diskutieren, fir de Suergen, déi d'Bierger an d'Gemeng hunn, fir deenen esou wäit ze begéinen.

Et ass deemools doropshin, no all deenen Diskussiounen an der Gemeng Suessem, eng Motioun gestëmmt ginn, déi dunne och eestëmmeg vun allen am Gemengerot vertruste Partei gestëmmt ginn ass, wat beweist - deemools war den Nico Schroeder vun eiser Partei do och derbäi -, ech mengen, dass all Partei sech hirer Responsabilitéit bewusst wa-

ren. Et ass och hei an der Chamber diskutéiert ginn an och hei an der Chamber war eng Eestëmmegkeet deemools, fir e Prisong ze bauen, soudatt souwuel op nationalem wéi op lokalem Plang iwwerpartielech do eng Meinung erauskomm ass. An ech mengen, dat ass och an esou engem wichtige Projet wéi deem heite wichtig.

Et ass awer wichtig, dass mat der Gemeng a mat de Leit diskutéiert ginn ass, well déi Froen, déi d'Leit sech gestallt hunn, déi ware jo awer berechtigt. An ech mengen, wa mer herno och d'Resultat kucken, wat no all deenen Négociatiounen erauskomm ass, dann huet dat jo och säin Zweck gehat, dass d'Leit an d'Gemeng sech eng Rei vu Froen gestallt hunn an dass déi Diskussiounen waren, well déi meescht Punkte jo konnte positiv Resultater kréien, soudatt de Suerge vun der Gemeng an de Suerge vun de Bierger konnt gréisstendeels Rechnung gedroe ginn.

Déi éischt Fro, déi sech iwwerhaupt gestallt gëtt, wa vun esou eppes geschwat gëtt, ass: Brauche mer iwwerhaupt en neie Prisong? Ech mengen, dat ass eng legitim Fro. Awer déi Chifferen, a meng Virriedner hu se hei genannt, an an der Vergaangenheet ware se net besser, déi hunn awer kloer bewisen, dass een en drëtten Prisong hei zu Lëtzebuerg brauch. An duerfir ass et och, mengen ech, kloer gewiescht, dass déi Fro relativ einfach opgrond vu statisteschem Material vun de Realitéiten ze beäntwerte war.

Déi zweet Fro war dann de Site. Et ass kloer, dass, wann ee muss eng Plaz eraussichen, fir e Prisong ze maachen, et ass wéi a villen anere Saachen, da weess jiddwereen eng Plaz, wou et gutt wier, wou et besser wier, mä si ass meeschtens net an hirer direkter Émgegend. An esou ass et och mat engem Prisong. Déi Zäit si vill aner Nimm genannt ginn. A jiddwereen, dee vun engem Site betraff war, dee konnt och erëm aner Siten nennen, vun deenen e gemengt huet, dass e géif besser hkommen. An duerfir, mengen ech, muss ee scho Respekt hu virun enger Gemeng Suessem, dass si bereet war, fir eben hei dermat d'accord ze sinn, fir dass op hirem Territoire dese Prisong gebaut gëtt.

Et muss ee wëssen, dass d'Gemeng Suessem vill Saachen an deene leschte Joren op sech geholl huet, déi vun nationalem Interesse waren. A wann ech elo denken un d'Bauschuttdeponie, déi och elo erëm op den Terrain vun der Gemeng Suessem komm ass; wann ech weess, dass eng Nopeschgemeng, fir hiren Trafic ze entlaaschten, eng Émgehungsstrooss da wëllt eben op d'Suessemer Gemeng eriwuerdrécken, wou dann och mat Versteedemach eng Opposition do entstanen ass, da muss ee bedenken, dass d'Leit trotz allem awer do virsiichteg sinn an och gutt berode sinn, dass se sech net alles grad op d'Nues drécke loosse. Hei waren d'Leit an d'Gemeng, mengen ech, rasonabel. A si hunn och festgestallt, nodeem dass all déi Garantie komm sinn, dass se konnte mat rouegem Gewësse Jo zu deem Site soen.

Eng drëtt Fro, déi d'Leit sech gestallt hunn, dat waren d'Risiken, déi mat engem Prisong verbundene sinn. Et ass natierlech, dass de Prisong en negativen Touch huet. A wann ee méi wäit zrëckkuckt an d'Geschicht vun de Prisongen, an de Kolleege Gusty Graas huet e puer Stéck opgezielt, da war dat mat Flucht an esou virun an engem Prisong, dat war fréier méi op der Dagesuerdnung, wéi dat haut de Fall ass. An engem modernen, gutt gelangten a gutt gëréierte Prisong vun haut ass dat nu wierklech d'Exception. Et bleift sécherlech ëmmer e Reschtrisiko bestoen, deen een net kann évitieren. Mä ech mengen, egal wou een een hsetzt, dee Reschtrisiko besteet och ëmmer. An dee Risiko bedeit och net, dass onbedéngt de Leit aus dem direkten Émfeld eppes ka gescheien, mä dee Risiko kann och, wann eng Flucht kënnt, méi wäit vum Prisong ewech seng Konsequenzen dann hunn.

Ee weidere Punkt ass den zousätzlechen Trafic, deen esou ee Prisong géif mat sech bréngen. Bon, ech mengen, och do sinn infrastrukturell Léisunge fonnt ginn, wat d'Stroossen ubelaangt, soudatt och do konnt eng Léisung fonnt ginn.

Soudatt ee ka soen, dass déi laang Prozedur, déi vill Diskussiounen, déi waren, awer och bewisen, dass mer hei zu Lëtzebuerg, wa mer wierklech wëlle vun alle Säiten zu engem positive Resultat kommen, dass een da schonn dee Wee ka goen an net brauch ze fäerten, mat de Bierger a Kontakt ze kommen a se ëm hir Meinung ze froen.

A mir haten net méi spët wéi gëschter an och viru 14 Deeg eng Diskussioun, wou iwwer Referende geschwat gouf. Ech sinn iwwerzeegt dervun, wann ee méi déi Biergerparticipatioun mécht, méi Referende mécht an et mécht een en objektiven Dialog, wou een „derfir“ an „dergeint“ op de gläichen Niveau setzt, een

erausfënn, dass de Bierger scho genuch Gerechtegkeetssënn a sech huet, fir dann Décisiounen ze huelen, déi am Interesse vun der Allgemengheet wieren. Dat, wat hei am Klenngen exercéiert gëtt, kann een och am Groussen exercéieren. De Bierger soll een net fäerten, mä et huet een an der Politik all Intérêt, fir mam Bierger zesummen no Léisungen ze sichen.

Ech géif dann nach op ee méi spezifesch Punkt agoen, an do hätt ech dann och eng Fro un de Justizminister. Et ass scho virun ugeklungen. Mir hunn d'Untersuchungshäftlingen, déi mer hei sëtzen hunn. Mir hu modern Infrastrukturen hei opgeriicht, an d'Fro, déi sech stellt, et ass geschwat gi vun der Séparation des pouvoirs, am Ursprung ass am Fong gesot ginn, wa mer schonn do esou eng Infrastruktur maachen, da wier et jo normal, dass d'Enquêteuren, d'Untersuchungsriichter sech géifen op déi Plaz déplacieren, fir dat dann do ze maachen, amplatz dass een all déi Leit, déi do asëtzen, géif bei den Untersuchungsriichter féieren. Da gëtt gesot, am Kader vun der Séparation des pouvoirs kéint een den Untersuchungsriichter net obligéieren, fir deen Déplacement ze maachen.

Ech muss lech éierlech soen, dass ech dat als eng relativ breet Interpretatioun vun der Séparation des pouvoirs gesinn. Ech mengen, dass e Minister oder d'Politik sech net an eng Enquête amëscht, dass schéngt mer ganz normal ze sinn an och ënnert d'Séparation des pouvoirs ze falen. Mä wat elo déi infrastrukturell Praxis ubelaangt oder dat Zur-Verfügung-Stellen, sinn ech awer duerchaus der Meinung, dass do d'Politik misst kënne intervenéieren.

Och wa mer hei soen: Mir hunn d'Méiglechkeet vu Videokonferenzen. Tant mieux, wann dat méiglech ass, dass een een Deel ka vun deenen Enquêtes iwwer eng Videokonferenz maachen, da soll een dat maachen, da brauch weder deen een nach deen anere sech ze déplacieren. Mä am Fall, wou sech muss déplacéiert ginn, mengen ech, sollt een dach awer versichen, et op e Minimum ze reduzieren, dass ee muss mat den Détenue sech déplacieren, mä dass et duerchaus, mengen ech, awer ubruecht ass, dass och en Untersuchungsriichter, vu dass d'Infrastrukturen do sinn, sech kéint dann dohinnerbewegen oder déplacieren, fir d'Aarbecht dann do op der Plaz ze maachen.

Et ass virgesinn, dass mer hei 60 Poliziste kéinten derbäikréien. Et muss ee wëssen, dass déi net fir d'Observatiounen banne sinn, mä am Fong fir baussen. A wann een da weess, dass dovunner de Gros op den Transport geet, well dat hir Haaptföncitioun ass, da gesäit een och, dass dat een enorme Käschtepunkt ass, niewent dem Risiko, dee besteet, wann déi Transporter gemaach ginn. Dat ass mat engem enorme Käschtepunkt verbonden.

An ech mengen, och an enger Zäit, wou mer als Stat alles derfir maachen, fir Suen ze spueren, wou d'Finanzen enk sinn, ass dat och ee vun de Kritären, déi ee muss berücksichtigen, soudatt ee muss och kënne mat Leit, déi Untersuchungsriichter sinn, awer seriö diskutieren. An ech sinn och der Iwwerzeegung, dass een do kann e Wee fannen, dass déi Transporter vun Détenuen op en absolute Minimum misste reduzéiert ginn an dass een de Rescht op der Plaz misst kënne maachen.

Dat gesot, Här President, fanne mer dat heiten e gudde Projet an ech bréngen duerfir och d'Zoustëmmung vun eisem Grupp.

Merci.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Här Gibéryen. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Urbany. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).** - Merci, Här President. Ech mengen, et soll een och hei d'Fakte kucken. Ech hu weéne bis elo iwwer Fakten héieren. Wann ee kuckt, de Moment hu Schraasseg plus Giwenech, dat ass den oppene Strofvollzuch, zesumme 700 Plazen. Dorënner sinn 300 Untersuchungsstäfflingen de Moment zu Schraasseg ënnerbruecht.

Mir huelen hei eng Décisioun, fir en neie Prisong ze baue fir 400 Untersuchungsstäfflingen. Wa mer dat zesummerechnen mat deene 700 Plazen, déi elo schonn do sinn, da komme mer op 1.100 Plazen. Dat sinn natierlech 400 Plaze méi wéi bis elo. Dat ass en Zouwuess vun der Population carcérale ëm 57%, wann ech richteg gerechent hunn, op dee mer an Zukunft baue wëllen. 57% méi Leit, déi am Prisong sëtzen, wann d'Capacités an Zukunft ganz ausgenotzt ginn. Dat ass, mengen ech, en notablen Zouwuess, och wann ee vergläicht esou mat europäeschen an internationalen Zuelen, wat een emol vläicht hätt misse maachen am Virfeld.

Ech weess och, dass am Regierungsprogramm viles drasteet. Ech weess, dass Reformen

ugekënnegt sinn am Droit pénal. Déi Formulierungen, déi do drastinn, sinn awer ganz vag. Do steet: «Le Gouvernement entamera des réflexions sur le développement des alternatives aux poursuites pénales pour certains types d'infractions.» Domat kann ech emol esou a priori net ganz vill ufänken. Et sinn och Reformen ugekënnegt an der Prisongspolitik. Et gëtt do geschwat iwwer Alternativen zum Prisong.

Ech wëll awer soen, dass sinn Ukënnegungen, dat si Reformen deelweis, vun deenen nach guer net kloer ass, a wat fir eng Richtung dass se ginn a wat fir eng Envergure dass se wäerte kréien a wéi se zu der Léisung vun de Problemer vun der Prisongsbesetzung, vun der Prisongspopulatioun wäerte bäidroen.

Ech gesinn d'Realitéit, wéi se haut awer ass. D'Realitéit, dass ass zum Beispill eng Strofpolitik, déi vun de Gerichter ugewannt gëtt, déi dacks ze vill repressiv ass. Dat soen déi Leit, déi all Dag domadder ze dinn hunn. D'Strofjuristen zum Beispill.

Ech hunn eng Table-ronde am „woxx“ vum 28.2.2008 erëmfonnt, wou e Bericht driwwer drasteet, wou den Här Rosario Grasso vun der ALAP, vun der Associatioun vun der Strofrechtler, seet, „en règle générale, les juges luxembourgeois n'y iraient pas de main morte avec les incarcérations“. Esou gi seng Wieder do erëmbuercht.

D'Realitéit ass och eng Strofpolitik duerch d'Regierung an duerch d'Chamber, duerch nei Gesetzter, déi mer an deene leschte Jore gestëmmt hunn, vun deenen ech mech net kann erënnere, dass eent a Richtung vun Erlichterung vun de Strofe gaangen ass, mä éischter a Richtung vun enger Verstärkung vun de Strofen. Mir haten érischt viru Kuerzem hei esou ee Projet am Kontext vun der Drogopolitik.

An dobäi wier ech beim Thema vun der Drogopolitik. D'Realitéit ass och do, an zwar iwwer Joren ewech, dass mer am Prisong eng Populatioun hu vu Leit, déi do incarcerated sinn opgrond vun enger Condamnatioun weinst Drogendelikter. Een Drëttel vun allen Infractiounen, weinst deene Leit am Prisong sëtzen, dat sinn Drogendelikter.

Et muss ee soen: Dobäi kommen nach aner Delikter derbäi, déi eventuell am Kontext mat Droge stinn, wéi Beschafungskriminalitéit, Vollen an esou weider, soudass a Wierklechkeet wahrscheinlech d'Populatioun, déi am direkte Kontext mat Drogerepressioun steet, a Wierklechkeet nach wahrscheinlech méi héich wäert si wéi deen een Drëttel.

Ech zitieren d'Madame Thérèse Michaelis vum Centre de Prévention des Toxicomanies aus dem „Quotidien“ vum 24.6.2011, wou se seet, an där Matière: «La répression ne mène à rien.» A si bezitt sech ausdrécklech op e Rapport vun 2011 vun der Commission mondiale pour la politique des drogues, dee seet: «La guerre mondiale contre la drogue a échoué.» an dee weiderfiert: «Partout dans le monde, la grande majorité des arrestations cible ces „petits poisons“ non violents et du bas de l'échelle dans le marché des drogues - ils sont plus visibles, faciles à prendre et n'ont pas les moyens de se payer une porte de sortie. Il en résulte que les gouvernements remplissent les prisons de délinquants mineurs purgeant de longues peines, à grands frais, et sans aucun impact sur l'échelle ou la rentabilité du marché.» Dat heescht, an deem offizielle Rapport gëtt d'Drogopolitik vun enger ganzer Partie vu Regierung an Fro gestallt.

Ech wëll soen, dass an där Kommissioun, an där internationaler Kommissioun eng ganz Rei Leit dra sinn, wéi dräi ehemoleg Presidenten aus Latäinamerika, wéi dee fréieren amerikaneschen Ausseminister Shultz - bestëmmt kee Lénken -, wéi dee fréieren UNO-Generalsekretär Kofi Annan oder wéi zum Beispill dee weltbekannte Schrëftsteller an Nobelpräisträger Mario Vargas Llosa. An ech géif lech wierklech emol recommandieren, déi Konkusiounen aus deem Rapport do ze liesen am Zesammenhang mat enger Drogopolitik, déi repressiv ausgerichtet ass an déi zu näischt féiert, ausser vläicht zum Géigendeel vun deem, wat soll erreecht ginn.

An ech mengen, et géif enger Majoritéit, Här President, déi gesellschaftlech Reformen ugekënnegt huet an och schonn deelweis duerchgefouert huet, dat hu mer gëschter gesinn, gutt zu Gesiicht stoen, hir vag Ukënnegungen, déi fir de Moment am Regierungsprogramm drastinn zu Alternativen zu Prisongsstrofen, géif konkretiséieren an e wierklechen Débat géif féieren iwwer eng aner Drogopolitik, iwwert d'Dépénaliséierung oder wäitgehend Dépénaliséierung vun den Drogen. An ech mengen och, dass d'Acteuren um Terrain nëmme waarden op esou Signaler.

Ech wëll do och nach eng Kéier aus deemselwechten Interview déiselwecht Madame Mi-



chaelis zitéieren: «En ce qui concerne l'Europe, je ne pense pas que tous les responsables politiques soient convaincus des lois actuelles. Cela concerne par exemple aussi une partie de nos députés. Mais aucun d'eux n'a le courage de prendre l'initiative pour les changer.» A si freet sech ausdrécklech op de Bericht vun där internationaler Kommissioun, deem se hire vollen Appui gëtt.

An deem Bericht gëtt och gefuerdert, Tabuen ze brieche. An ech mengen, dat ass dat, wat mer mussen hei maachen. A mir musse wierklech eng Diskussioun féieren, wéi dat iwwregens an der Traditioun vun der gréngeer Politik ass, wëll ech awer hei betounen! D'Madame Renée Wagener huet hei Proposition-de-loien eragin, déi herno zrëckgezu gi sinn, déi ganz kloer an déi Richtung vun der Dépénaliséierung vun den Droge gaange sinn.

(Interruption)

De Rapport fuerdert och en Ëmdenken an der UNO a kritiséiert den Drock vun den USA op déi Länner, déi eng aner Drogepolitik wëlle maachen. An ech mengen, dass dat och een Hannergrond ass bei deem Ganzen, den Drock, deem international ausgeübt gëtt, fir eng repressiv Drogepolitik ze maachen. An ech hoffen, dass déi nei Regierung sech opraaft, fir do eng Ännerung ze maachen, och fir deem Drock ze widderstoën. Och dem Drock iwwregens vun deene konservativen a repressive Kräften, déi et hei am Land nach ëmmer gëtt.

An ech mengen, dass et no 2001 erëm un der Zäit wier, fir eng weider Etapp an déi Richtung ze maachen. 2001, wëll ech betounen, ass de perséinleche Konsum vu Cannabis net stroffräi gemaach ginn, wéi heiansdo gesot gëtt, mä prisongsfrei gemaach ginn. Et stinn nach ëmmer Amendementen um perséinleche Konsum vum Cannabis. Mä all déi aner Probleemer sinn net geléist.

Duerch d'Press ass viru Kuerzem e Bericht gaange vun enger bekannter Sportlerin, déi zu sechs Méint Prisong mat Sursis weinst Konsum vu Kokain veruerteelt ginn ass. Déi nächste Kéier ass et kee Sursis méi. An da muss ee sech froen: Wann esou Leit, déi e Problem hu mat Drogekonsum, an de Prisong kommen, gëtt domat ee Problem geléist, wat deen Drogekonsum ugeet? Natierlech gëtt do kee Problem geléist!

D'Madame Lorsché huet den John Lennon vir-druck zitéiert an engem komplett anere Kontext. Et sollt een emol vläicht...

(Brouhaha)

...den John Lennon a ganz vill aner Artisten aus där heroescher 68er Generatioun, et sollt een déi emol vläicht zitéieren am Zusammenhang mat Drogekonsum!

(Interruptions diverses)

Da komme mer méi no bei d'Realitéit!

► **M. le Président.**- Ech wollt lech just soen, Här Urbany, de Mikro ass un.

(Hilarité)

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Dat hunn ech och ganz bewosst fir de Mikro gesot, Här President.

Wann all déi Moosnamen, déi ech elo opgeziet hunn, géifen ugewannt ginn, dat heescht, Reformen am Code pénal, Reformen am Strofvollzuch. Ech weess, dass e Gesetzesprojet virläit. Mä dee Gesetzesprojet, dee läit schonn e Joer laang op Ais! Dee Gesetzesprojet läit schonn zweeanenhalleft Joer do zënter sengem Dépôt, ouni dass eppes geschitt ass.

Wa géif dat, déi Dépénaliséierung bei den Drogen, ausser vläicht bei der grousser Kriminalitéit, emol an Ugrëff geholl ginn an emol eng aner Diskussioun doriwwer an der Gesellschaft gefouert ginn, da géife mer mat Sécherheet och zu enger anerer Prisongssituatioun kommen an zu engem Ofbau vun de Plazen an de Prisongen. Net zu engem Opbau, wat mer heimadder maachen. Wéi ëmmer an der Lëtzeburger Politik gëtt einfach emol drop lass gebaut an d'Wäiche ginn net gestallt a Richtung vun där neier Strofpolitik, déi am Regierungsprogramm ugekënnegt gëtt, mä a Richtung vun neie Prisongsplazen, fir mat der aktueller Strofpolitik weiderzefueren.

Dat ass d'Ursach, firwat mir als déi Lénk dee Projet hei net wäerte stëmmen.

Et ass geschwat gi vum Gemengerot vu Suessem, deen unanime dee Projet schonn ugeholl huet. Ech wëll hei keng Lokalpolitik maachen; ech maachen dat nach op der Plaz, wou et noutwendeg ass. Mä ech wëll awer soen, bei där Décisioun ware mir deemools net derbäi, mir waren do net am Gemengerot a mir hunn déi Décisioun och net matgedroen. Mir hunn awer...

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Dir hutt elo grad „unanime“ gesot!

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Mir hunn awer ëffentlech eis Stellung geholl. An déi Stellungnahm war keng NIMBYs-Stellungnahm. Déi Stellungnahm... Dat hunn aner Leit gemaach! Déi Stellungnahm war déiselwecht...

► **M. le Président.**- Dir misst elo zum Schluss kommen, Här Urbany.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Ech si ganz zum Schluss.

Déi Stellungnahm war genau déiselwecht wéi déi, déi ech elo geholl hunn. Aus allgemengen, iwwergeuerdneten Iwwerleeunge fanne mer, dass déi hei Décisioun, en neien drëtte Prisong ze bauen - et ass a Wierklechkeet e véierten, wann een de Centre de rétention um Findel derbäihëlt -, dass dat eng Décisioun ass, déi komplett an déi falsch Richtung geet.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Domat wär d'Diskussioun ofgeschloss. A fir d'Regierung huet den Här Justizminister, den Här Félix Braz, d'Wuert.

Prises de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Ech wëll just och scho matdeelen, dass de Kollege Camille Gira och nach wäert op eenzel Froen agoen.

Esou wéi de Strofvollzuch ass an engem Land, sinn och herno d'Chancë fir eng Neesagliderung vun den Détenuen an der Gesellschaft. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg an de leschte Jor-zéngte weineg qualitativ Spréng kënne maachen. En éischte war 1984, wou de Prisong am Grond zougemaach ginn ass a Schraasseg a Betrib geholl ginn ass. An haut, 30 Joer duerno, maache mer fir d'éischte Kéier nees e grouss Sprong an der Qualitéit vun eisen Infrastrukturen.

De Prisong vu Schraasseg ass iwwerbeluecht, en ass schonn zënter laange Joren iwwerbeluecht. Och wann e seng Capacitéit vu 600 genee erreecht, ass en eigentlech nawell iwwerbeluecht, well et dann net méi erlaabt ass, am Prisong déi Opdeelunge kënne virzehuelen, déi musse sinn, fir an engem moderne Strofvollzuch elementar Prinzipien a Regele kënne ze respektéieren.

Dat heescht, wa mer haut eng Zuel hu vu 600 plus/minus Détenue bei enger Capacitéit vu 600, dann heescht dat net, dass de Prisong net iwwerbeluecht wier. En ass et nawell. An e war et an de leschte Joren och schonn dramatesch. Mir hate scho bis zu 700 Leit bannent de Mauere vu Schraasseg. An do kënnt Der lech virstellen, wat dat heescht fir den Alldag vun de Leit, déi do agespaart sinn, awer och fir den Alldag vun de Leit, déi do schaffen.

Mir hunn eng Rei Kritiken, national, awer och international an de leschte Jore kritt weinst där Iwwerbeleung, awer och weinst dem Fait, dass Prévenuen an Détenuen hei zu Lëtzebuerg net getrennt sinn. Mir kruten och scho Kritiken, well zu Lëtzebuerg en héije Pourcentage, d'Halschent quasi vun de Leit am Prisong Untersuchungsäftlinge sinn.

Da gëtt gesot, mir géifen ze vill séier op de Geriichter, an der Magistratur zrëckgräifen op d'Instrument vun der Untersuchungschaft. Dat erkläert sech awer an deene meeschte Fäll domadder, dass mer ganz vill Netrésidenten hunn, déi zu Lëtzebuerg am Prisong sinn a wou do natierlech ee vun deenen dräi Grënn, nämlech d'Fluchtgefor, ginn ass.

(Coups de cloche de la présidence)

Ganz oft ganz reell. An dat bréngt mat sech, dass mer vill Leit effektiv zu Schraasseg hunn, déi Untersuchungsäftlinge sinn. Mä dat huet eng rationell Erklärung. Dat ass net, well hei zu Lëtzebuerg do besonnesch streng géif geschafft ginn.

Et ass och eng aner international Kritik, déi mer nach virun e puer Woche formuléiert kritt hunn, nämlech déi, dass zu Lëtzebuerg en héije Pourcentage vu Suicidé wär. Ech wëll déi Kritik awer esou net gëlle loossen. Déi muss ee ganz staark relativéieren. Zu Lëtzebuerg, ech mengen, den Här Graas hat déi Zuel genannt, mir haten an deene leschte 60, 70 Joer 60 Suiciden.

(Coups de cloche de la présidence)

Dat ass manner wéi ee pro Joer. Elo ass dat esou eng geréng Zuel, dass se statistesch natierlech ganz séier riskéiert...

► **M. le Président.**- Wann ech gelift, lauschtert dem Här Justizminister no!

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Elo ass dat natierlech eng Zuel, déi esou geréng ass, wann een do an engem Joer d'Ongléck huet, een oder zwee Suicidé weider ze hunn, ass een, héich gerechent op d'Populatioun, natierlech direkt europawäit ganz schlecht.

Mir haten awer och scho Joren, wou mer zu Lëtzebuerg, ech mengen, dat war 2008 fir

d'lescht, kee Suicide haten am Prisong. Wa mer dee Moment d'Behauptung opgestallt hätten, Lëtzebuerg beweist weltwäit, dass een e Prisong ka féieren ouni Suiciden, da wär dat fir dat Joer zwar richtig gewiescht, statistesch wär déi Ausso awer mat Sécherheet net richtig. Wa mer se gemaach hätten, hätte mer eng Behauptung gemaach, déi mer net kënne opstellen.

Duerfir soen ech, bei deenen Zuelen, déi genannt sinn, all eenzelne Fall ass dramatesch. An zu Schraasseg gi ganz vill Efforte geholl, ganz vill Efforte gemaach an der Betreiung vun de Prisonnéier. Besonnesch wann een eng éischt Indication bei engem huet, dass do ee vläicht net esou gutt drop ass an net esou gutt drun ass, dat gëtt extrem eescht geholl. Do ass ee ganz enke Suivi.

Leider kritt een et ni esou, dass et keen ass. Mä ze soen, wéi dat international geheescht huet, mir hätten do e spezifesch Problem, méi wéi an deenen anere Länner, dat ass net richtig. Duerfir ass eis Situatioun ze kleng, fir eng statistesch relevant Ausso a Konklusioun kënne ze zéien. Wichtig ass, dass mer probéieren, mat ganz ville Moyenen deene Fäll ganz opmierksam nozekucken.

Egal wéi, zu Lëtzebuerg besteet e grouss Reformbedürfnis am Strofvollzuch. An ech wëll haut keng grouss Debatt mat lech maachen iwwert de Strofvollzuch. Mir kréien nämlech d'Geleeënheet, dat ze maachen am Kader vun de Projeten 6381 an 6382. D'Regierung schafft am Moment un Amendementen, déi se un deenen Texter wëllt maachen. Mir ginn dervun aus, dass mer déi virum Enn vum Joer nach wäerte kënne an der Chamber déposéieren. An da kënne mer an der zoustänneger Kommissioun, an duerno och an der Plénière, eng wierklech grondsätzlech Debatt an Diskussioun iwwert de Strofvollzuch féieren.

Ech wëll just e puer Stéchwierder haut erwähnen. Déi éischt Remarque, déi ech wëll maachen, ass, dass ech frou sinn, dass hei zu Lëtzebuerg keng Partei derfir antrëtt, fir am Strofvollzuch Privatiséierungen ze maachen. An anere Länner probéiere se, hir infrastrukturell Problemer doduerch ze léisen, dass se der privater Initiativ et erlaben, am Strofvollzuch aktiv ze ginn. Ech sinn ausdrécklech als Justizminister frou doriwwer, dass et hei zu Lëtzebuerg kee gëtt, deen op deen dote Wee wëllt gonn. Et ass en Effort vun der Kollektivitéit an dee solle mer och weiderhin zesumme maachen.

Mir hunn awer Méiglechkeeten effektiv, an den Här Urbany ass vir-druck kuerz drop agaangen, fir den Drock op de Prisong ze verréngeren. An des Regierung wäert dorunner schaffen. Den Här Urbany ass e bëssen ongedëlleg, en hätt gär, dass mer no siwe Méint dat alles gemaach hunn. Eng Legislatur dauert fënnef Joer. A mir schaffen intensiv während deene fënnef Joer. Mir wäerten also och op deem dote Punkt, an do kënnt Der Vertrauen an eis hunn, esou wéi d'Majoritéitsdeputéierten, dass d'Regierung dat wäert maachen.

Mir mussen dat a Fro stellen, den Tout-pénal. Mir musse méi staark setzen op déi alternativ Peinen, wéi zum Beispill Travaux d'intérêt général. Och de Recours op d'elektronesch Foussfessel. Och eng Afrostellung vun der Drogepolitik. Dir hutt lech ganz staark derfir agesat, Dir bestätegt domadder de Regierungsprogramm, Här Urbany. Well och do gëtt déi repressiv, déi eesäiteg repressiv Politik an deem Beräich a Fro gestallt, well se net zilféierend ass. An och do wäert d'Regierung aktiv ginn.

(Interruption)

Iwwregens läit de Pourcentage vun der Drogekriminalitéit am Prisong net bei engem Drëttel, mä e läit bei 28%, also e bësse manner, an en ass och an de leschte Jore lichter réckleefeg gewiescht. Och dat sollt Der wëssen.

Dir hutt och op d'Initiativ vun der Madame Wagener, déi scho méi laang zrëckläit, vir-druck verweisen. Vun de Lénke gëtt et nach keng esou eng Initiativ, stellen ech just, objektiv gesot, fest! Esou vill zum Courage, deen anerer an Ären Aen net hunn!

Dann, wou och nach Reformbedürfnis besteet, dat ass an der Exécution des peines. Do gëtt et e Projet de loi, wéi gesot, do schaffe mer drun. Dat ass deen, dee maassgeblech beaflosst, wéi herno d'Chancë si bei der Resozialiséierung.

Mir wäerten och eng Administration pénitentiaire schafen, dat ass de Projet 6382, well mir hu mam Vote vun haut dann en drëtte Prisong zu Lëtzebuerg a mir wëllen eng generell Administratioun doriwwer stellen, fir dass et och eng eenheetlech Politik an deem dote Beräich gëtt.

A mir hunn natierlech och en anere Reformbedarf, nämlech am CPL vu Schraasseg selwer. Wa bis eng Kéier de CPU um Uerschterhaff bis a Betrib geholl ass, da muss och do munches sech änneren.

Um Niveau vun de Virbereedungen op der Betribnahm vum Uerschterhaff, do leeft ganz villen. Mir hunn eng Rei Aarbechtsgruppen agesat, déi sech domadder beschäftegen. Do sollen herno jo 400 Leit dra sinn. Do mussen awer och nach 330 Leit rekrutéiert ginn. Dat ass e grouss Personalopwand. Déi Leit kënne och net um leschte Stéppel rekrutéiert ginn. Déi mussen och zu Schraasseg reell Erfahrung kënne sammelen. Dat heescht, dat ass e Virlaf en vue vun der Ouverture vum Uerschterhaff, dee relativ important ass. An et gëtt elo scho seriö dru geschafft.

Ech denken och, dass mer solle relativ séier eng provisorisch Nominatioun vum zukünftigen Direkter vum Uerschterhaff virhuelen, fir dass och do esou séier wéi méiglech eng Persoun sech perséinlech responsabel spiert fir dat, wat um Uerschterhaff soll a Betrib goen.

Um Uerschterhaff wäerte vill Aktivitéite méiglech sinn am Sportsberäich, do gëtt och eng Bibliothék virgesinn, do wäerte besonnesch fir de Vollet vun de Visité speziell Efforte gemaach ginn, och fir déi sougenannten „Visites non surveillées“. Och dat wäert um Uerschterhaff en Thema sinn. An den Uerschterhaff wäert dann ebe méiglech maachen, dass mer iwwerhaupt eng Trennung vun de Prévenuen an den Détenue wäerte kréien.

Den Uerschterhaff gëtt awer och nach aus engem anere Grond wichtig, nämlech fir och de Leit, déi am Prisong schaffen zu Schraasseg, de Giichtercher an der Haaptsaach, et och ze erlaben, eng gewësse Rotatioun ze hunn. Hire Beruff ass ganz, ganz contraignant. An déi Leit hunn am Moment praktesch, ech soen ëmmer: „Et si bal déi Eenzeg, déi liewenslänglech hunn.“ Déi kommen aus deene Mauere vu Schraasseg net eraus. An dat ass iergendwann eng Kéier eppes, wat op d'Gemitt schléit.

Och aus deem Grond ass et gutt, dass mer e weidert Gebai kréien, fir och do e gewëssene Roulement kënne dann an Zukunft fir d'Giichtercher ze organiséieren tëschent deenen dräi Gebai. Dat ass fir d'Qualitéit vun hirer Aarbecht eppes, wat mat Sécherheet dënglech ass.

D'autant plus wou mer mengen, dass de Rôle vun de Giichtercher éischer soll méi e wichtige sinn. Si sinn net méi déi an Zukunft, déi nëmmen ewechspären, si sinn eigentlech deen éischten Intervenant beim Détenu selwer. An hire Rôle soll a mengen Aen an deenen nächste Joren opgewäert ginn. Dat entsprécht och hirer Virstellung, och der Interesseverriedung vun de Giichtercher hirer Virstellung. Si sinn duerchaus gewëllt, deen doten Job nei ze definéieren an em méi eng grouss Bedeitung ze ginn am alldeegelechen Émgang mat de Prisonnéier. An ech mengen, dass dat esou eng gutt Saach ass.

Mir wäerten awer och ab dem nächste Joer schonn en Aarbechtsgrupp asetzen, dee sech mat der Zukunft vu Schraasseg beschäftegt. Well Schraasseg, wann d'Untersuchungsäftlinge bis do eraus sinn, dann endlech d'Geleeënheet kritt, sech esou ëmzeorganiséieren, och ëmzebauen, dass een alles dat, wat een an deene leschten 20 Joer bedauert huet, net kënne ze maachen, dass een dat endlech och zu Schraasseg ka maachen.

Duerfir ass och dem Här Urbany seng Rechnung vir-druck net richtig, wann e seet: „Et komme 47% Plazen derbäi.“ Dir hutt vergiess, déi ofzerechnen, déi zu Schraasseg erëm zrëckgebaut ginn, wa mer déi Raimlechkeeten anescht wäerten an Zukunft notzen, fir Formatiounen a fir Aarbecht kënne ze maache mat den Détenuen. Är Rechnung, déi hippt also a geet net wierklech op.

A wann Der lech esou vehement géint dat Gebai do wennt, Här Urbany, muss ech lech och soen, dass Der eigentlech amgaange sidd, objektiv derfir ze plädéieren, dass et weiderhin zu Lëtzebuerg bei enger Nettorennung tëschent Détenuen a Prévenue bleibt. An dat ass fir mech net akzeptabel. Ech si ganz décidéiert derfir, dass zu Lëtzebuerg endlech d'Détenuen an d'Prévenue getrennt ginn!

Dat ass eng elementar Regel haut an dem moderne Strofvollzuch! A wann Dir lech derfir asetzt, dass dat Gebai hei net gebaut gëtt, setzt Dir lech objektiv derfir an, dass hei zu Lëtzebuerg, contrairement zu deenen allermeeschte Länner an Europa, weiderhin Détenuen a Prévenuen zesummen agespaart bleiwen. Dat musst Der dann och a leschter Konsequenz akzeptéieren!

(Brouhaha)

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Neen, déi Trennung kann och aneschters gemaach ginn.



► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Här President, ech wëll eng...

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Déi kann och zu Schraasseg selwer gemaach ginn, awer op eng aner Manéier.

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Ech wëll eng lescht Remarque...

► **M. le Président**.- Här Urbany, Dir kënnt lech jidderzäit Parole après ministre froen. Mä elo loosse mer de Minister schwätzen.

(*Interruption*)

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Ech wëll eng lescht Remarque just nach maachen, fir dass de Kolleeg Camille Gira och zu senge Froe kann äntweren. D’Fro ass gestallt gi vun der Madame Andrich-Duval an och vum Här Gibéryen vun de Videokonferenzen. Et ass esou, dass mir am Uerschterhaff raimlech alles elo virgesinn. Mir wäerte Säll virgesi fir Interrogatoiren. A mir wäerten och déi technesch Méiglechkeete virgesinn, fir Videokonferenze kennen ze maachen.

Et ass awer esou, dass et net um politesche Pouvoir ass, ze décidéieren, wéi d’Instruktioun gemaach ginn. Ech hoffe perséinlech, dass dat wäert genotzt ginn, besonnesch d’Säll fir Interrogatoiren. Bei de Videokonferenzen hunn ech selwer e bësse méi Bedenken, well ech mer awer soen, dass dee perséinlechen, direkte Kontakt keng onwesentlech Saach ass, besonnesch am Beräich vun deem, wou mer haut hei schwätzen. Mä d’Säll fir d’Interrogatoiren, mengen ech absolut, dass et wünschenswäert wier, wann déi géife genotzt ginn. A mir wäerten da gesinn, wann de Prisong bis a Betrib geet, ob dat genotzt gëtt, ob et genuch genotzt gëtt oder net. An da kann ee sech nach ëmmer Gedanken doriwwer maachen.

En attendant, mengen ech, ass et haut wichtig, dass mer déi Raimlechkeete virgesinn. Dat maache mer. An dat halen ech haut fir dee positiven Aspekt.

E lescht Wuert, just nach Här President, fir der Gemeng Suessem Merci ze soen. D’Gemeng Suessem huet do hir Verantwortung mat iwwerholl. Net, well se sech beknée gelooss huet, mä well deemools och, no enger objektiver Analys vu méi Siten, erauskomm ass, dass de Site Uerschterhaff mat objektive Kritären, déi festgeluecht gi waren am Virus, dee beschte wier. An d’Gemeng Suessem huet sech deenen Argumenter net widderst. Si huet déi Konklusionen akzeptéiert, well et sachlech begrënt Konklusiounen waren.

Ech sinn och der Meenung, dass et net méi wéi richtig ass duerfir, dass et staatlech Ënnerstëtzung fir d’Gemeng Suessem gëtt. An déi nei Regierung huet dat direkt bestätegt. An ech halen dat ausdrécklech fir richtig. Duerfir nach eng Kéier e grouse Merci un d’Gemeng Suessem. Eng Gemeng, déi ech och gutt kennen, well ech och an där Gemeng opgewuess sinn. An ech kennen déi Suessemer fir hir Dialogbereitschaft an duerfir, dass se hir Verantwortung iwwerhuelen.

Dat gesot, ginn ech dem Camille Gira nach d’Wuert, fir op déi aner Froen ze äntweren.

Merci lech alleguer!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci, Här Justizminister. Ech hunn d’Demande fir Parole après ministre vum Här Serge Urbany. Ech bidden lech, kuerz ze sinn, well Der virdu schonn Är Zäit iwwerschratt hat. Här Urbany, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Serge Urbany** (*déi Lénk*).- Bon, ech ka mer erlaben, ganz kuerz ze sinn. Alles, wat elo gesot ginn ass vum Här Braz, dat steet och schonn op ville Plazen. Do sinn och Prozedure scho laang amgaangen. Déi Diskussioun gëtt an der Gesellschaft scho laang gefouert.

Mä ech hale just fest, wat elo geschitt, dat ass e weidere substanziellen Ausbau vun de Prisongskapacitéiten, deen dem aktuelle Besoin awer net entsprécht, mä wäit, wäit, wäit doriwwer erausgeet. An ech fannen, ier een esou eng Décisioun hëlt an do Infrastruktur baut, hätt een emol missen e Gesamtkonzept virleeën an doriwwer diskutéieren.

Och e Gesamtkonzept, wéi et mat Schraasseg weidergeet zum Beispill. Wou ass dat Konzept dann? Dir werft mir vir, ech wier géint eng Trennung vun Détenuen a vun Untersuchungshäftlingen. Mä ech ka mer virstellen, dass dat och op aner Manéiere méiglech ass. Dass et méiglech ass, dat zu Schraasseg selwer ze maachen.

Wann een d’Population carcérale wesentlech kann erfoueren, zum Beispill duerch eng aner

Drogepolitik, dann ass et och méiglech, an anere Raimlechkeeten deeselewichte Prinzip vun der Trennung ze vollzéien. Mä dat feelt alles! Déi Diskussioun ass net gefouert ginn.

Mä kloer ass: Hei gëtt e fest Konzept gebaut a Punkt fäerdeg. An dat ass dat, wat ech hei bemängelen. An dat ass och d’Ursaach, firwat mer wäerten do dergéint stëmmen, well mer net de Besoin de Moment gesinn dovunner.

► **M. le Président**.- De Justizminister huet nach eng Kéier kuerz d’Wuert.

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice*.- Här Urbany, ech äntweren lech da just mat e puer Zuelen, fir ze weisen, firwat dass dat, wat Dir sot, net opgeet. Mir hu 600 Leit zu Schraasseg. 28% hu mat Drogekriminalitéit ze dinn, dat sinn der 168. Wa mer also elo esou eng revolutionär Drogepolitik hätten, dass mer keen Eenzege méi zu Schraasseg hätten, dann hätte mer der nach ëmmer 432 zu Schraasseg.

Vu dass mer d’Halschent dovunner Untersuchungshäftlingen hunn, da kënne mer also ouni e weidere Bau, dat sinn der dann nach ëmmer wäit iwwer 200, da kënne mer nach ëmmer ouni e weidere Bau d’Untersuchungshäftlinge vun den Détenuen net trennen. Dofir bleiwen ech dobäi.

An Dir musst lech eng Kéier do seriö mat lech selwer beschäftegen. Wa mir keen neit Gebai zu Lëtzebuerg bauen, krée mir zu Lëtzebuerg d’Détenuen an d’Prévenuen ni getrennt, souguer wa mer eng Drogekriminalitéit hätte mat null Détenuen am Prisong! Stellt lech där Realitéit an da sidd Der vläicht och op där richteger Säit.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci. Domat ass déi Ausenanersetzung eriwwer. An ech géif...

(*Interruption*)

Ech hunn am Moment d’Wuert a soss keen aneren, Här Urbany. An ech géif domat déi Diskussioun ofschléissen an dem Här Statssekretär, deem ech elo d’Wuert ginn, soen, dass en nach annerhallef Minutt huet.

► **M. Camille Gira**, *Secrétaire d’État au Développement durable et aux Infrastructures*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, ech hätt guer näischt gesot, wann net eng Rei Deputéierten hei eng Rei Froe gestallt hätten. Dofir wollt ech aus Siicht vum Nohaltegkeetsministère ganz kuerz e puer Präzisierungen a Bemierkungen zum Bau nach an zu der Prozedur maachen, déi exklusiv geduecht sinn, fir Äntweren un d’Deputéierten ze ginn.

Well d’Regierung dovun ausgaang ass, dass dese Projet haut mat enger grousser Majoritéit géif gestëmmt ginn, hu mer eis erlaabt, eng Rei Planungen, déi mam Bau selwer, mä och indirekt mam Bau ze dinn hunn, weiderzedriewen, esou dass ech lech ka soen, dass, wat de Stroossebau ubelaangt, d’Planung fäerdeg ass. An dass een dervu kann ausgoen, dass am Fréijoer 2015 mat den Aarbechten ugefaange gëtt. Ech wëll awer preziséieren, dass et do net nëmmen ëm déi Strooss geet. Do sinn och zwee Rond-pointen, déi zousätzlech musse gebaut ginn an et sinn och Ännerungen um Échangeur Lankels geduecht, well mer wierklech effektiv och dervun ausginn, dass hei méi Trafic kënnt.

De Kommodosdossier ass agereecht an ass als komplett fonnt ginn, wat undeit, dass domadder sécher kee Problem kënnt, well ganz oft de Problem vu laangen Dauere vu Kommodosprozedure méi dermat ze dinn huet, dass d’Dossieren net komplett sinn, wéi dass d’Verwaltung net séier géif schaffen.

D’Autorisatioun vun der AGE, also Waasserwirtschaftsamt, ass de facto net do, gëtt integréiert an d’Kommodosprozedur. Ech kann lech awer soen, dass dat Konzept, wat d’Bâtiments publics virgeluecht huet, den Accord vum Waasserwirtschaftsamt kritt huet. An deem Kontext kann ech och dem Här Graas äntweren an him soen, dass gekuckt gi war, ob d’Reewaasser am Gebai net kéint benotzt ginn. Dat ass awer onméiglech weinst deene groussen Distanzen, déi mer do hunn. Wann ech lech soen, dass d’Mauer eleng 800 Meter huet!

Duerfir gëtt awer probéiert, fir d’Versickerung vum Waasser wäitestméiglech ze erlaben. Éischters hu mer gréng Diech op de Gebaier a sämtlech Surfaces extérieures sinn duerchlasseg, mat Ausnahme vun den Zirkulationsflächen. An dat Waasser, wat dann ufält, gëtt an en natierleche Reewaasserréckhaltebecke gemaach, esou dass mer och do, mengen ech, ganz ekologesch sinn.

Wat d’ëmklasséierung ugeet, dat läit natierlech elo virun allem un der Gemeng, fir dat ze maachen. De Buergermeeschter seet mer, dass den Ufank vun der Prozedur amgaang ass, dass hire Bureau d’études dovun ausgeet, dass, och wann et 8 ha sinn op där doter Plaz, keng SUP muss gemaach ginn. Ech wëll mech elo net hei zur Fënster erausleeën, mä ech mengen awer,

dass effektiv hei an deem Land scho Projete gemaach gi sinn, wou den Impakt op d’Ëmwelt wesentlech méi grouss ass, esou dass ee kann dervun ausgoen, dass do och keng riseg Schwierigkeete wäerten entstoën.

Ech kann lech och confirméieren, dass déi richtig Décisioun, déi dës Regierung geholl huet, fir d’Waasserwirtschaftsamt an den Ëmweltministère ze leeën, generell schonn haut dozou féiert, dass eng Rei Autorisatiounen méi séier virukommen.

Da wollt ech, trotz allem, wann ech lech soen, dass ech net mengen, dass déi parallel Autorisationsprozeduren elo nach ëiweg wäerten daueren, awer dee bëssen ze vill optimistischen Timing hei wëll e bëssen zrëckhuelen. Ech weess net, vu wem dee kënnt. Mä d’Bâtiments publics soen eis, dass onofhängeg vun den Autorisatiounen, wann déi bis Mëtt d’nächst Joer do sinn, awer ee ganz realistesch muss dervun ausgoen, dass d’Soumissiounen da fréistens am Hierscht 2015 kënne geschéien. Da kënne déi éischt Aarbechten 2016 ugoen.

A wann een dann awer realistesch mat dräi Joer rechent, da wëll ech awer soen, dass dann, wann hei vun 2017 op jidde Fall geschwat gëtt, dat net realistesch ass, an och nach 2018 optimistisch ass. Dir musst awer bedenken, dass dat do en Objet ass vun 150 Milliounen Euro. A mir wëssen, déi, déi an de Gemenge sinn oder waren, wëssen, wéi laang mer mat enger Schoul vu 5 bis 10 Milliounen amgaang sinn, vun der Planung bis zur Exekutioun, esou dass een awer do realistesch sollt bleiwen!

Mä mir wäerte selbstverständlech alles maachen, fir dass mer esou séier wéi méiglech ukommen an och fäerdeg ginn. An an deem Sënn wäert de Projet d’exécution bis Enn 2014 esou wäit fäerdeg sinn. Also doru läit et net. Mä da kënnt awer déi normal Prozedur. An Dir wësst, wéi vill Projete schonn duerch e Recours bei enger Soumissioun no hanne gedroe gi sinn, esou dass ech deen e bëssen iwwerdriwwenen Optimismus hei ganz e bësse weilt dämpfen.

(*Interruption*)

► **M. le Président**.- Jo, den Här Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Här President, däerf ech dem Här Statssekretär eng Fro stellen?

► **M. le Président**.- Jo, wann Der mer net rose sidd, dass ech em dann nach e puer Sekonne ginn.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Noutgedrongenerweis sinn ech lech net rosen, Här President.

Ech wollt u sech d’Fro stellen, ob och déi Froen, déi gestallt gi si vun der Gemeng Suessem, an der Motioun am Gemengerot gestallt gi sinn oder gestëmmt gi sinn, notament wat d’Gefangenentransporter ugeet an d’Konditioun, fir dass d’Autorisatiounen vun der Gemeng kommen, dass esou mann wéi méiglech Gefangenentransporter solle gemaach ginn, haaptsächlech déi, wa solle Gefangener vun Untersuchungsrichter verhéiert ginn, dass dat sollt sur place gemaach ginn oder Videokonferenz gemaach ginn, ob déi ganz Froestellung, wou d’Wichtigkeet ëmmer erëm ënnerstrach ginn ass, ob dat och geléist ginn ass, respektiv wa se net vun der Justizsäit ka geléist ginn, ob dat awer vun der Gemengesäit dann och akzeptéiert gëtt an ob Der do sécher sidd, dass Der déi noutwendeg Autorisatiounen, fir de Bau schnellstméiglech unzefänken, och kritt.

► **M. Camille Gira**, *Secrétaire d’État au Développement durable et aux Infrastructures*.- Also de Buergermeeschter seet mer, dass d’Zusammenaarbecht mat de staatleche Verwaltungen exzellent ass. An eis Verwaltungsleit soe mer, dass d’Zusammenaarbecht mat der Gemeng exzellent ass, esou dass ech dervun ausginn, dass alles dese Projet wäert bremsen, mä sécherlech net d’Feele vun enger Baugenehmigung vum Rapporteur, deen haut hei de Projet virgestallt huet.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. le Président**.- Merci. Wou ech ganz léif d’Regierung och nach eng Kéier géif appelléieren, och wann zu zwee geschwat gëtt, fir d’Riedezäit ze respektéieren. Merci.

Domat wäre mer um Schluss vun eisen Diskussiounen ukomm a mir géifen iwwert de Projet de loi 6655 ofstëmmen.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 6655 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmmung fänkt un. D’Procuratiounen.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet ass mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher,

Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d’Chamber bereet, d’Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert. Den Här Wolter.

3. Retrait du rôle des affaires

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Här President, kann ech d’Wuert kréien, fir de Retrait ze maache vun enger Proposition de loi?

► **M. le Président**.- Jo, selbstverständlech.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Här President, ech hat den 3. Juli vum leschte Joer eng Proposition de loi portant modification de l’article 17(3) de la loi du 21 mars 2012 relative aux déchets gemaach. Et war nämlech e Konflikt opkomm an der Interpretatioun vun deem Gesetz, no der Fro, op wat fir eng Aart a Weis d’Gemenge missten d’Obligatiounen erfüllen, fir bei der Reduzéierung vum Offall bäizetroen.

Et ware Gemengen, déi waren der Meenung, dass d’Gewicht vun der Tonn, also d’Liter vun der Tonn, dass dat géif duergoen. Et ass iwwergens déi ganz grouss Majoritéit vu Gemengen, déi no deem System fueren. D’Verwaltung hat an deem Moment awer gemengt, dass ee misst entweder op d’Frequenz oder op d’Gewicht goen.

Fir deem aus dem Wee ze goen, hat ech dee Moment déi Proposition de loi déposéiert. De Statssekretär, den Här Gira, huet entre-temps bei enger Rei vu Gemengen d’Gewicht vun der Tonn, dat heescht de Volume vun der Tonn, pardon, de Volume vun der Tonn akzeptéiert als Prinzip, huet also domadder kloergestallt, dass d’Regierung d’Interpretatioun vum Gesetz vun 2012 akzeptéiert.

Hien huet mer och verséichert, dass an deenen nächste Joren d’Gemengen, déi op dee Wee wëlle goen, Autorisatiounen kréien, esou dass meng Proposition de loi eigentlech iwwerflësseg ass an ech géif se och domadder zrëckzéien.

Merci.

► **M. le Président**.- Merci och dem Här Wolter. Da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Do geet et ëm eng sougenannte Question élargie, eng Fro mat Zousazfro vum honorabelen Här Claude Adam iwwert d’Promotioun am Beräich vun de Videospieler. Här Adam, Dir hutt d’Wuert.

4. Question élargie n°2 de M. Claude Adam sur la promotion du secteur du jeu vidéo

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, iwwert déi lescht Joren huet een aus dem Ressort vum Wirtschafts- a Medieministère oft héieren, dass sech nei Entreprises am Beräich vun der Videospillbranche zu Lëtzebuerg niddergelooss hunn.

Als Ureiz dofir hunn déi Entreprisë selwer ëmmer vun de steierleche Virdeeler an der gudder Netzinfrastuktur geschwat. Mat Kabam an Zynga verlossen eis elo zwou vun deenen Entreprises. An et sinn net grad déi Mannst! De Grond dofir wier kee steierlechen, mä hätt éischer mat der Main-d’œuvre ze dinn, déi zu Lëtzebuerg schwierig ze rekrutéieren wier, gouf aus dem Wirtschaftsministère erkläert.

Ier ech zu menge Froe kommen, wëll ech de Sujet, iwwert deen ech schwätzen, awer nach eng Kéier kuerz encadréieren. Wat versti mer